



Ech hat jo scho gesot, bei der Kompetenzbündelung sinn et net primär d'Käschtegrënn, déi am Vierdergrond stinn. Wann der dobäi erauskommen, tant mieux. Mä d'Kompetenzbündelung ass zugonschte vum Patient. Et ass do, wou den Know-how ass. E soll zesummegefuert ginn, fir dass d'Patiente kënnen besser behandelt ginn.

An, jo, dat ass richtig, wourop Der opmierksam maacht, dass d'Kompetenzzentren net eleng dostinn, mä dass se och musse begleet ginn duerch Aktiounen an Aktiounsprogrammer vum Ministère. An ech denken do zum Beispill un den nationale Kriibspiang oder och un den nationalen Demenzpiang, deen och an der Ausaarbechtung ass. Ech mengen, dat sinn einfach Beräicher, wou eent an dat anert muss awierken a wou ee muss zesummeschaffen.

Bon, wat déi zukünfteg Notzung vu Gebailechkeeten ubelaangt, déi sinn natierlech net am Besëtz vum Ministère de la Santé. Dat si Pourparleren, déi déi Spidolsgruppe mat de Gemengenautoritéite musse maachen, wann do aner Affektatioune kommen.

An ech deelen och Är Reflexiounen iwwert d'Bedeitung vun der Groussregioun, sinn awer

frou, well ech weess, dass ganz vill Spideeler elo scho Synergien hunn, Zesummenaarbechten hu mat anere Gesondheetsakteuren an der Groussregioun. An esou muss et jo och sinn.

Och d'Madame Mergen schwätzt vun der Bedeitung vun der Documentation hospitalière a vun Normen, vun eSanté. Si hat eng Rei Reflexiounen, déi méi an den Zoustännegkeetsberäich vun der Sécurité sociale ginn.

Ech mengen, et ass e Mëssverständnis iwwert deen Term „cancer du sein et autres cancers“. Deen nenne mir... dat gëtt net e Kompetenzzentrum, deen heescht „autres cancers“, mä mir wollten net der Federatioun, déi jo déi ganz Demandé wäert véhiculéieren, mir wollten hinnen net virschreiwen, a wéi engem Beräich sech d'Akteuren um Terrain wëllen zesummeschleissen, fir nach am Beräich vum Kriib e Centre d'excellence oder e Kompetenzzentrum ze schafen. Dee wäert also nach à définir sinn, well dat dierfe mir jo net, dat geschitt jo iwwert d'Federatioun.

Iwwregens hat den Här Halsdorf gemengt, et sollt een do net d'Federatioun beoptragen, mä léiwer en onofhängege Gremium, fir do de Lead ze huele bei deene Kompetenzzentren.

Där Meenung sinn ech absolut guer net, well d'Fédération des Hôpitaux Luxembourgeois ass eben de representativen Organ vun eise Spideeler an en ass och, mengen ech, als solchen net a Fro gestallt. A mir hunn och keen aneren.

Ausserdeem war schonn an der Gesondheetsreform ënnert der leschter Regierung décidéiert ginn, dass een den Terrain misst abezéien, am-plaz vun uewen als Ministère ze dekrétéieren, wie wéi ee Kompetenzzentrum kritt. Dofir mengen ech, dass dat kontraproduktiv wier, wann een aneren dat géif maachen an net de Représentant vun de Leit, vun de Spideeler um Terrain.

Ech deelen der Madame Mergen hir Reflexiounen iwwert d'Bedeitung vun enger korrekter Grondversuergung.

Den Här Krieps huet Reflexiounen gemaach ronderëm d'Bedeitung vun Datebanken, demografeschen Daten an aneren Daten. Ech wollt an deem Zesummenhang op d'Bedeitung vun deem zukünftegen Observatoire de la Santé hiweisen. Ech deelen och déi Reflexiounen ronderëm all eis Efforten, déi mer musse maachen, fir d'administrativ Strukture méi kleng ze maachen. Ech deelen och seng Reflexiounen ronderëm d'Gouvernance a ronderëm de Fonctionnement.

Ech hoffen, dass ech dat richtig konnt stelle mat der Zithaklinik, well ech mengen, dat war eng net richtig Duerstellung.

Ech deelen och all Ausféierungen, déi gemaach gi sinn iwwert déi formidabel Aarbecht, déi vun engem INCCI an engem Centre François-Baclesse gemaach ginn. Dat si fir eis Virzeigakteuren, déi duerchau kënnen a sollen eng Roll bei der Kreatioun vun de Kompetenzzentren spillen.

Ech soen lech alleguerte villmools Merci fir dee flotten Débat.


► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci.

Domat si mer um Enn vun der Debatt ukomm. Vu dass mer net a Präsenz si vu Motiounen oder aneren Texter, wär d'Sëtzung domat eriwwer.

Ech wënschen lech e schéine Rescht vum Owend a Rendez-vous muer um zwou Auer.

(Fin de la séance publique à 19.34 heures)



Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

- Ouverture de la séance publique
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président
- Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État
 - Rapport de la Commission du Développement durable: Mme Josée Lorsché (dépôt d'une motion)
 - Débat: M. Aly Kaes (dépôt d'une motion), M. Georges Engel, M. Gusty Graas, M. Henri Kox, M. Fernand Kartheiser, M. Marc Lies
 - Prise de position du Gouvernement: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures (interventions de M. Claude Wiseler)
 - Vote sur la motion 1 (adoptée)
 - Motion 2: M. Fernand Kartheiser, M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, M. Claude Wiseler
 - Vote sur la motion 2 modifiée (adoptée)
- Projet de loi portant approbation de la Convention concernant les mesures à prendre pour interdire et empêcher l'importation, l'exportation et le transfert de propriété illicites des biens culturels, adoptée par la Conférence générale de l'Unesco à sa seizième session, à Paris, le 14 novembre 1970
 - Rapport de la Commission de la Culture: Mme Taina Bofferding
 - Discussion générale: Mme Martine Mergen, M. André Bauler, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. Serge Urbany
 - Prise de position du Gouvernement: Mme Maggy Nagel, Ministre de la Culture
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Interpellation de M. Claude Wiseler sur l'orientation future de la politique culturelle du Gouvernement
 - Exposé: M. Claude Wiseler
 - Débat: M. André Bauler, M. Franz Fayot (M. Claude Wiseler intervient), M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. Serge Urbany
 - Prise de position du Gouvernement: Mme Maggy Nagel, Ministre de la Culture
 - M. Claude Wiseler (parole après ministre), Mme Maggy Nagel, Ministre de la Culture

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. François Bausch et Mme Maggy Nagel, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.01 heures)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- E schéine gudde Mëtten. D'Sëtzung ass op.

Éischt Fro: Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Neen, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Nohaltegkeetsminister.

Mir fueren da weider mat eisem Ordre du jour

a fänken d'Sëtzung vun haut de Mëtte mat enger Orientéierungsdebatt iwwert déi grouss Infrastrukturprojete vum Stat un. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht ginn. Als Éischt héiere mer d'Rapportrice, d'Madame Josée Lorsché. A fir déi Kolleegen, déi sech nach net ageschriwwen hunn: Et ass nach Zäit. Merci!

2. 6723 - Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État

Rapport de la Commission du Développement durable

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Orientéierungsdebatt vun haut bezitt sech op de Finanzement vu groussen Infrastrukturprojeten, déi d'Regierung envisagéiert. Dës Zort vun Debatt gëtt an der Regel eemol am Joer gefouert, mam Zil, datt d'Chamber vun Ufank u méi Matsproocherecht beim Plange vun neien Infrastrukturprojete kritt a fir méi Transparenz an dem finanzielle Suivi vun de geplangte Projeten ze kréien.

Déi Prozedur ass am Joer 2005 agefuert ginn op Initiativ vun der deemoleger Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire et des Comptes. Et ass décidéiert ginn, datt gréisser Infrastrukturprojete fir d'Éischt den Accord vun der Chamber musse kréien, en Accord de principe, éier se am Detail geplangt an och finanziell analyséiert kënnen ginn.

Bis 2009 huet déi Prozedur fir all Projet gezielt, deen den Aschätzungen no bei iwwer 7,5 Milliounen Euro louch. Am Joer 2009 ass de Seuil no uewen ugepasst ginn, bis op 10 Milliounen Euro.

Doriwwer eraus, dat wësst Der och, muss fir all Gesetz, wat 40 Milliounen erreecht, fir all Projet, pardon, deen iwwer 40 Milliounen wäert leien, e speziell Gesetz ausgeschafft ginn.

Et ass och festgehalen ginn, datt d'Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire de finanzielle Suivi vun all grouse Projet muss assuréieren. Dat bedeit, datt den zoustännegen Minister där Kommissioun all sechs Méint e Rapport iwwert déi finanziell Evolutioun vum Projet muss maachen, deen iwwer zéng Milliounen kascht.

Och d'Nohaltegkeetskommissioun muss regelméisseg vum zoustännegen Minister iwwert de Werdegang vun den eenzelnen Infrastrukturprojeten informéiert ginn, déi vun der Chamber den Accord de principe kritt hunn. Esou vill zur Prozedur.

Ech kéim dann zu der Lëscht vun de Projeten, déi an der Nohaltegkeetskommissioun vum 8. Oktober 2014 a vum 22. Oktober 2014 presentéiert an diskutéiert gi sinn, nodeems se, no engem klengen informatéschen Émwee, den 29. September 2014 an der Chamber ukomm waren.

An der Réunioun vum 12. November 2014 huet d'Kommissioun mäi Projet de rapport unanime ugeholl. A mengem schrëftleche Rapport hunn ech déi eenzel Projete méiglechst detailléiert beschriwwen, wéilt awer nach eemol drop hiweisen, datt déi konkret Ausaarbechtung vun de Pläng eréischt kann ufänken, wann eisen Accord de principe virläit.

Aus deem Grond ass et momentan net méiglech, den exakte Käschtepunkt vun all Projet virzeleeën, an och déi konkret Pläng kënnen

nach net um Dësch leien. Wat awer scho feststeet, wéi gesot, ass, datt all Projet, dee mer haut virstellen, op d'mannst zéng Milliounen Euro wäert kaschten.

Wann ee sech d'Lëscht vun de Projete méi genuek ukuuckt, da stellt ee fest, datt d'Prioritéit op der energetescher Sanéierung, der Mise en conformité an zum Deel och um Ausbau vun existente Gebailechkeete läit.

D'Stroossebauprojekte sinn net wäit vertrauden. Viru Joren hate mer der méi. Dës Kéier leeft just ee Projet iwwert de Fonds des routes, iwwert de Fonds vun de Ponts et Chaussées, deen dës Kéier e Réaménagement vun engem Tronçon betrëfft, an net de Bau vun enger neier Strooss.

Wat d'Projete vun der Eisebunn ugeet, esou hunn dës Joer d'Lärmschutzmoossnamen, de Bau vun engem neie Gebai fir d'CFL-Servicer a verschidden technesch Upassungen um Réseau Prioritéit.

Eng generell Remarque, déi fir all Projete vun de Bâtiments publics zielt, bezitt sech op d'Energieeffizienz vun de sougenannte funktionellen éffentleche Gebaier. D'Berechnung vun der Energieklass an dës Gebaier ass vill méi komplex wéi an einfache Wunnhaier, well aner Elementer musse considéiert ginn, beispillsweis d'Benutzungszäiten, de Confort vun de Leit, déi am Gebai liewen a schaffen, d'Gréisst vum Gebai mat den oft ganz performanten techneschen Installatiounen.

De Standard vum Passivbau ass aus deene Grënn schwéier ze erreechen, soudatt bis op eenzel Ausnahmen eng A- oder B-Klass wäert ugestriift ginn.

Beim Assainissement an der Renovatioun vu schonn existente Gebaier gëtt an éischter Linn Wäert geluecht op héich performant Isolatiounen vun der gesamter Enveloppe a vum Daach, soudatt op déi Manéier Energie gespuert ka ginn.

Dat gesot, kommen ech dann zu den eenzelne Projeten, fir unzefänke bei déi vum Fonds d'investissements publics administratifs.

En éischte Projet gehéiert zu der Rehabilitatioun vun de militäreschen Infrastrukturen an der Kasär Grand-Duc Jean um Härebiérg zu Dikrech, déi a fënneg Etappen ofleeft. Déi éischt zwou Phase si schonn an de Gesetzter vum 2. Juni 2009 a vum 4. Dezember 2009 definéiert a gestëmmt ginn. Bei dëser drëtter Phas geet et ëm de Réaménagement an den Assainissement vun de besteende Gebaier an ëm de Bau vu Sportsinfrastrukturen, déi aus zwou internen



Unitéiten an aus engem externe Sportsterrain wäerte bestoen.

Dozou ass ze soen, datt dës Infrastrukturen net just fir militäresch Ausbildungszwecker wäerte benotzt ginn, mä och de Schoulen an den Associatiounen aus der Regioun kënnen zur Verfügung gestallt ginn. Dat ass e Wee, dee mer allgemeng aschloen, well déi Infrastrukture jo sollen esou wäit wéi méiglech ausgenotzt ginn an net eidel stoen, wa se net gebraucht gi vun deene jeeweilegen Associatiounen, déi um Terrain sinn. Fir den Detail vun den Aarbechten an de Regruppement vu verschiddenen Aktivitéite verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Den energeteschen Assainissement bezitt sech hei op d'EU-Direktiv iwwert d'Energieeffizienz, déi de 25. Oktober 2012 adoptéiert ginn ass. Dës Direktiv huet e gemeinsame Kader fir Moossnamen am Beräich vun der Energieeffizienz an Europa opgestallt, mam Objektiv, den Energieverbrauch bis zum Joer 2020 ëm 20% ze reduzéieren. 3% vun der sougenannter „surface au sol“ vun den ëffentleche Gebaier sollen an deem Kader Joer fir Joer renovéiert ginn.

Wat eng eventuell Zoufahrt, soe mer emol eng nei Zoufahrt op de Site betrëfft, esou gi momentan Diskussiounen gefouert tëschent de Responsabele vun der Dikrecher Gemeng an de Ponts et Chaussées. Et gëtt ugeduecht, fir en neien Accés vum Rond-point Fridhaff ze bauen, mä d'Décisioun ass nach net getraff. De Konstruktionsvolumen läit bei 300.000 m³ an d'Surface brute bei 75.000 m², dat Ganzt mat engem Käschtepunkt vun ongeféier 95 Milliounen Euro.

Den zweete Projet dann, do geet et ëm den ëffentlechen Investitiounsfong fir administrativ Zwecker nach eng Kéier. Et geet ëm d'Suessemerschlass, wat aus dem 16. Johonnert staamt, no 1950 de Sëtz vun der Fondation Kannerschlass ginn ass an am Joer 1985 vum Stat opkaaft ginn ass. Zesumme mat der säitlecher Kapell an dem Park ass dëst Schlass am Joer 1971 als nationaalt Monument klasséiert ginn. Säit 1999 ass et de Centre virtuel de la connaissance sur l'Europe, deem an deem Gebai ënnerbruecht ass.

Wann Dir d'accord sidd, Dir Dammen an Dir Hären, gëtt dëst Gebai vu Grond op renovéiert, well et den energeteschen an de sécherheitsméisseg Virschrëften net méi entsprécht a well seng Stabilitéit vill ze wënschen iwwreg léisst.

An der Kommissioun ass och d'Fro opgeworf gi vun der zukünftger Affektatioun vun deem Gebai respektiv vum gesamte Site - ech kucken op de Buergermeeschter vu Suessem. Dobäi ass d'Meenung vertraude ginn, datt dëse Site ideal wär, fir an Zukunft gesellschaftlech oder kulturell Aktivitéiten ze organiséieren, fir eigentlech deem pittoreske Site e Mehrwert ze schafen. De Volumen, dee renovéiert muss ginn, läit hei bei 22.500 m³ - dat ass e grouss Volumen -, d'Surface bei 4.750 m², während de Budget nach net definéiert ass.

Beim drëtten Projet vun deemselwechte Fong geet et ëm den energeteschen Assainissement vum Hémicycle um Kierchbierg, deem lech all bekannt ass. En ass am Joer 1980 gebaut ginn an e beherbergt e Konferenzsaal fir 600 Persounen, mat 13 Traduktiounskabinen.

Ursprénglech war dëst Gebai fir den Europäesche Ministerrot geduecht, gëtt awer méttlerweile fir d'Organisation vun enger Rei Konferenzen a gréisserer Versammlung benotzt. De Konferenzsaal gëtt gëreeiert vun der Sociéitéit LuxCongrès (veuillez lire: Luxembourg Congrès). Den Hémicycle zielt donieft nach siwe Stäck mat Bürosraim, déi vum Verwaltungsgericht a vun der neier Cour d'appel du brevet besat sinn, an en ass iwwer eng Passerelle mam neie Konferenzcenter vum Kierchbierg verbonden.

De geplangten Assainissement bezitt sech op d'Baussenenveloppe vum Gebai, op den Ersatz vun den techneschen Installatiounen, den Heizanlagen, de Fënsteren, de Storen, der Isolatioun vum Daach an de Coupollen. 5.500 m² vun der Fassad solle ganz ersat ginn. A beim Daach sinn et 3.000 m². Den estiméierte Budget läit bei zwielef Milliounen Euro.

Déi nächst Fongen, déi dann an Usproch geholl ginn, sinn aus dem Fonds d'investissements publics scolaires, mat insgesamt zwee Projeten, awer allen zwee fir de Lycée technique vu Bouneweg.

Beim éischten Projet geet et ëm de Bau vun engem ganz neie Gebai fir 2.000 Schüler, vun deenen haut eng Partie a provisoresche Paviljonen ënnerbruecht sinn. Op enger Fläch vun 3,8 ha, déi hannert dem aktuelle Lycée läit an am Besëtz vum Stat ass, soll e Gebai entstoe

mat 78 Klassesäll, 45 Atelier an 13 Spezialsäll inklusiv enger Produktiounskichen, enger Pâtisserie, enger Metzlerie fir d'Travaux publics, pardon, fir d'Travaux pratiques.

(Hilarité et interruptions)

Dat wär emol eppes Neits.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Très bien!

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*), *rapporteuse*.- Déi Leit kéinten och nach vläicht kache léieren.

Doriwwer eraus sinn och e Schourestaurant, eng Piscine, eng Sportshal mat véier Unitéiten an en externe Sportsterrain virgesinn, déi a schoulfräien Zäiten och vu Sportsassociatiounen benotzt kënnen ginn, grad wéi d'Infrastrukturen um Härebierg.

Woubäi ze bemierken ass, datt hei eng enk Kolaboratioun mam Sportslycée funktionéiert, wou d'Schüler aus dem Enseignement secondaire technique just den éischten Zyklus kënnen absolvéieren. Doriwwer ass och beim Gesetz iwwert de Sportslycée op dëser Plaz geschwat ginn. Déi Schüler müssen duerno an en anere Lycée eriwuerwiesselen. Dat erkläert d'Zesummenaarbecht vun deem Lycée technique mam Sportslycée um INS.

D'lessen an d'Platen, déi vun de Schüler selwer hiergestallt ginn - während den Travaux „pratiques“ wuelbemierkt -, ginn net entsuergt, mä ginn de Schüler an der Mëttesstonn am Restaurant scolaire zerwéiert. De Projet setzt eng Modifikatioun vum PAG vun der Stad Lëtzebuerg viraus. De Budget ass nach net definéiert.

Ech kéim dann zum zweete Projet am Kader vum Lycée technique vu Bouneweg, dee betrëfft d'Renovatioun an déi generell Mise en conformité vum besteende Gebai, mam Zil haaptsächlech, fir de Centre national de Formation professionnelle continue an d'Gebai ze integréieren. Dësen Zentrum ass momentan zu Ettelbréck an zu Esch/Uelzecht ënnerbruecht. E wäert dann zu Bouneweg seng Plaz fannen.

Och hei ass de Budget nach net definéiert. Ervirzehiewen ass, datt d'Proximitéit vum Lycée technique vu Bouneweg zum Tram eng Rei Mobilitéitsproblemer vun Ufank u wäert léisen. Natierlech wann den Tram bis fíert.

Ech kéim dann zu dem Fonds d'investissements sociaux et sanitaires.

En éischte Projet, dee mat deem Fong finanziert soll ginn, gesäit de Bau vun engem Centre intégré fir eeler Leit vir, engem sougenannten „CIPA“ zu Bascharage, dëst op engem Terrain vun 3,4 ha. Et sinn insgesamt 140 Better an Einzelzëmmerer geplangt, donieft e Service de kinésithérapie a vun Ergotherapie, en zentrale Foyer mat enger Salle polyvalente, eenzelne Servicer an anere Lokaler, op déi den Etablissement ugewisen ass, fir iwwerhaapt kënnen ze funktionéieren.

De geplangte Parking beim Gebai gesäit 120 Plaze vir. D'Surface läit bei 8.200 m². Den Terrain gëtt vun der Gemeng Käerjeng zur Verfügung gestallt a muss reklasséiert ginn.

An der Kommissioun ass op eng deementspriedend Fro hi festgehalen ginn, datt dëse Projet néideg ass, fir dem Besoin u sougenannten „lits de long séjour“ gerecht ze ginn. Opgrond vun der demografescher Entwécklung am Land, dat wësst Der, an och der steigender Liewenswaardung vun de Leit wäert de Besoin u esou Better an Zukunft klammen, och wa vill Moossnamen ergraff ginn, fir déi eeler Leit esou laang wéi méiglech an hirem häusleche Milieu, an hirem Famill ze halen.

En zweete Projet an deem Kontext vun dem Sanitär- a Sozialfong gesäit d'Renovatioun an den Assainissement vum Centre pour réfugiés zu Weilerbaach bei lechternach vir, engem fréiere Sanatorium. Dëst Gebai, wat 1910 gebaut ginn ass an iwwer honnert Joer um Bockel huet, gehéiert dem Stat a läit an enger Zone verte. Opgrond vum ganz vëtusten Zoustand vun deem Gebai gëtt eng komplett Renovatioun envisagéiert mat engem energeteschen Assainissement an enger Mise en conformité vun der Sécherheet.

Dës Aarbechte sollen et erlaben, eng 150 bis 200 Réfugiéier opzehuelen a 70 Kanner um Site ze scolariséieren. De Budget ass nach net definéiert. De Volume läit bei 21.000 m³, d'Surface bei 6.000 m².

Uschlëssend kéim ech dann nach zum Fonds des routes, wou et ëm den Aménagement vun engem multimodale Korridor tëschent Ettelbréck an Dikrech um Tracé vun der N7 geet. Dësen Tracé huet eng Längt vu 4.500 m an eng Breet vu 17,55 m. Et soll e Réaménagement stattfannen, dee Plaz schafft fir Bus a fir d'Mobilitéit douce, natierlech nieft der Streck, wou och d'Autoe kënnen drop fueren.

D'Aarbechte sinn opgedeelt a véier Phasen, déi detailléiert a mengem schrëftleche Rapport be-

schriwwen sinn. D'Käschte vum gesamten Aménagement belafe sech op 13 Milliounen Euro, wat de Budget vun de Ponts et Chaussées ubelaangt, während d'Parts, déi d'CFL iwwerhuelen, nach net definéiert sinn.

Op de Fait, datt et hei net zu der Suppressioun, mä just zum Déplacement vun engem Passage à niveau kënnt, ginn ech als Rapporteuse net an, wéilt dat och net kommentéieren. Et ass e Punkt, deem an der Kommissioun kritesch gekuckt ginn ass. An ech ginn och dervun aus, datt verschidde Leit nach wäerten dovou schwätzen.

Dëse Projet steet a Relatioun zu der Urbanisatioun an awer och zu der Valorisation vun der Nordstad a bilt d'Réckgrat vun der Mobilitéit an deem Raum.

Vun der Zuchstreck, déi un den Tronçon grenzt, hunn ech elo net geschwat, well déi Linn net zu deene 17,5 m zielt, déi de multimodale Korridor ausmaachen. Et ass awer ganz kloer betount ginn, datt dës Zuchstreck net a Gefor geréit an datt den Zuchtrafic niewent deem Tronçon weiderhi wäert funktionéieren.

Domat kommen ech da bei de Fonds du rail.

Beim éischten Projet geet et ëm de Bau vun engem neie Gebai fir déi sougenannten „entités décisionnelles“ a verschidden Equipe vum Service Maintenance Infrastructure vun den CFL, deem am Joer 2012 restrukturéiert ginn ass. Eng 370 Agente sinn an deem Service beschäftigt a si momentan a sechs verschidene Gebaier verdeelt, net nëmmen an der Stad, mä och an der Regioun. Dat neit Gebai, wat an Zukunft sämtlech Agente regruppéiere soll, ass an der Rue de la Déportation zu Holle-rech geplangt, wuel wëssend awer, datt net déi 360 oder 370 Agente permanent um Site sinn, well et Leit sinn, déi vill ënnerwee sinn an um Terrain och am Asaz sinn.

Et soll eng Energieklass B erreecht ginn, mat eventuell och der Produktioun vun erneierbaren Energien um Site.

Den Ufank vun den Aarbechten ass fir 2016 virgesinn an den estiméierte Käschtepunkt läit bei 18 Milliounen Euro. Duerch de Regruppement vum Personal op engem eenzege Site wäerten déi aktuell benotzt Infrastrukturen oder Gebailechkeeten zum Deel ofgerappt ginn, zum Deel awer och aneren Affektatiounen zougefouert ginn. Dat hänkt dervun of, a wéi engem Zoustand se sinn. Wa se erhalen kënnen ginn, da wäerte se erhalen ginn. Den Detail dozou fannt Dir a mengem schrëftleche Rapport, wou déi sechs Gebailechkeeten och beschriwwen sinn.

En zweete Punkt um Niveau vun den CFL besteet aus der Realisatioun da vu Lärmschutzmoossnamen, wat elo net de Bau vun engem Gebai ass, mä Moossnamen, fir d'Biergerinnen an d'Bierger virum Kaméidi vum Trafic ze schützen laanscht den Tracé vun der Eisebunn. Dëse Projet berout op der EU-Direktiv vum 25. Juni 2002 iwwert d'Évaluatioun an d'Gestioun vum Kaméidi. Zu Lëtzebuerg ass dës Direktiv den 2. August 2006 iwwer Règlement grand-ducal transposéiert ginn.

Op Basis vun där Reglementatioun huet d'Ëmweltverwaltung eng strategesch Kartografie vum Kaméidi opgestallt an doropshin en Aktionsplang géint de Kaméidi op de groussen Eisebunnsachse mat iwwer 60.000 Zuchpasagen am Joer definéiert. Dëst Dokument dëngt als Basis fir d'Installatioun vun Lärmschutzwäll laanscht d'Eisebunn.

Onofhängeg dovou sinn zousätzlech Moossnamen virgesinn am Kader vun der Verduebelung vun de Gleiser op der Streck Lëtzebuerg-Péiteng - déi sinn zum Deel och scho fäerdeg, wann net scho ganz fäerdeg - an och um Tronçon Hamm-Sandweiler. Déi Responsabel vun den CFL hunn och drop higewisen, datt de Lärmschutz bei all neiem Projet wäert a Betruucht gezu ginn, esou zum Beispill beim Projet Multimodal zu Diddeleng-Beetebuerg, wou d'Demande vun den Awunnerinnen an Awunner ganz grouss war. D'Détermination vun de Seuil-limitten orientéiert sech un der däitscher Reglementatioun a baséiert op de Recommandatiounen vun der Organisation mondiale de la Santé.

Aus Zäitgrënn verweisen ech hei op mäi schrëftleche Rapport, wou ech zousätzlech Erklärungen zu der Berechnung vun de Lärmschutzmoossnamen a vun de Seuele ginn hunn.

Den éischten Tronçon, deem équipéiert wäert ginn, läit op der Streck Lëtzebuerg-Beetebuerg-Esch/Uelzecht mat der Entrée vu Beetebuerg, der Gare vun Nierzeng an der Eisebunnslinn, déi duerch Schëffleng zitt. De Budget ass nach net definéiert.

Da kéim ech zum drëtten Volet vum Fonds du rail, wou et elo séier geet, Här President.

Dee betrëfft technesch Upassungen vum Réseau, notament op der Streck Lëtzebuerg-Waasser-

bëlleg, op der Streck Lëtzebuerg-Ëlwen an op der Streck Esch-Péiteng gradesou wéi an der Gare vu Lëtzebuerg. Och dozou sti mäi Detailler am Rapport. De gesamte Käschtepunkt läit bei schätzungsweis 14 Milliounen Euro.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, domat hunn ech all grouss Infrastrukturprojeten, déi vun der Regierung envisagéiert sinn, op den Dësch geluecht. Wa se gréng Luucht vun der Chamber kréien, därefer se ausgeschafft an ëmgesat ginn.

No engem ganz konstruktiven Austausch mat de Vertrieder an de Vertriederinne vum Nohaltekeetsministère, vun den CFL, de Ponts et Chaussées an der Administratioun vun den Travaux publics an natierlech och dem Här Minister huet d'Chamberskommissioun dës Projete guttgeheescht. Fir datt och d'Chamber sech kann dozou positionéieren an e Vote kann huelen, iwwerreechen ech lech, Här President, eng deementspriedend Motioun - voilà! -,...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- ...déi vun de Vertrieder vun deene Grëngen, der LSAP, der CSV, der DP an der ADR ënnerschriwwen ass. D'Kolleege vun déi Lénk ware virdrun nach net präsent, soss hätte se wahrscheinlech och hire Kreeschen drënner gemaach.

Motion 1

La Chambre des Députés,

vu d'une part

- *la nécessité de garantir une transparence optimale lors de l'élaboration des grands projets d'infrastructures;*

- *vu la volonté du Gouvernement d'assurer la définition, la conception et la mise en œuvre d'une politique intégrée en matière d'aménagement du territoire, de réseaux de transports et de bâtiments publics;*

vu d'autre part

- *l'avis de la Cour des Comptes sur l'adaptation du budget voté des grands projets d'infrastructures du 22 mars 2001;*

- *la motion de la Chambre des Députés du 29 janvier 2002 prise suite à la présentation de l'avis précité;*

- *les propositions des groupes parlementaires au sujet d'une amélioration des procédures permettant d'éviter les dépassements des coûts des grands projets d'infrastructures dans le futur, transmises en date du 12 avril 2005 par Monsieur le Président de la Chambre des Députés à Monsieur le Premier Ministre;*

- *vu la nouvelle procédure à suivre en matière de préparation et de présentation des grands projets d'infrastructures adoptée en date du 3 avril 2006 par la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire et des Comptes sur proposition de Monsieur le Ministre des Travaux publics et dont les points principaux ont été repris dans une motion «grands projets d'infrastructures Travaux publics» du 23 octobre 2008;*

- *considérant que ladite procédure répond aux préoccupations dans la motion précitée du 29 janvier 2002;*

- *vu la motion du 13 mai 2009 de la Chambre des Députés invitant le Gouvernement à veiller à ce que ces procédures soient appliquées, mutatis mutandis, par tous les départements ministériels lors de la mise en œuvre de projets d'infrastructures susceptibles d'atteindre un coût d'au moins dix millions d'euros;*

- *vu la liste des projets d'infrastructures susceptibles d'atteindre un coût d'au moins 10 millions d'euros, à soumettre à l'approbation de la Chambre des Députés en vue de l'autorisation pour l'imputation des dépenses pour frais d'études et d'élaboration d'un avantprojet détaillé (APD) à charge du département du Développement durable et des Infrastructures, présentée par Monsieur le Ministre du Développement durable et des Infrastructures lors des séances du 8 octobre et du 22 octobre 2014 de la Commission du Développement durable;*

- *considérant que suite aux informations détaillées fournies par Monsieur le Ministre du Développement durable et des Infrastructures, la Commission du Développement durable a avisé favorablement chaque projet de la liste présentée;*

marque son accord à l'élaboration des études nécessaires à la réalisation des projets en cause à partir de l'exercice budgétaire 2015 afin de garantir les objectifs suivants:

a) en ce qui concerne le champ d'intervention de l'administration des bâtiments publics

- *réaménagement, assainissement et extension de la Caserne Grand-Duc Jean au Herrenberg;*

- *renovation et assainissement du Château de Savenem;*

- *assainissement énergétique de l'Hémicycle à Kirchberg;*



- *réaménagement du Lycée technique existant de Bonnevoie afin d'y accueillir le CNFPC Centre;*

- *construction d'un nouveau bâtiment pour le Lycée technique de Bonnevoie;*

- *construction d'un Centre intégré pour personnes âgées à Bascharage;*

- *renovation et assainissement du Centre pour réfugiés Héliar à Weilerbach;*

b) *en ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds des routes*

- *aménagement d'un corridor multimodal sur la N7 entre Ettelbruck et Diekirch;*

c) *en ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds du rail*

- *construction d'un nouveau bâtiment pour les entités décisionnelles et les différentes équipes du Service Maintenance Infrastructure des CFL dans la rue de la Déportation à Luxembourg-Hollerich;*

- *renouvellement des appareils de voie du Secteur Centre à la gare ferroviaire de Luxembourg;*

- *modernisation des installations de traction électrique à la gare ferroviaire de Luxembourg;*

- *renouvellement des installations de traction électrique sur la ligne ferroviaire de Pétange à Esch/Alzette;*

- *renouvellement de divers tronçons de voie sur la ligne ferroviaire de Luxembourg à Wasserbillig;*

- *modernisation d'appareils de voie sur la ligne ferroviaire de Luxembourg à Troisvierges;*

- *mise en œuvre de mesures antibruit sur différents tronçons du réseau ferré luxembourgeois - Phase 1: Tronçon Luxembourg-Bettembourg-Esch/Alzette.*

(s.) *Josée Lorsché, Yves Cruchten, Gusty Graas, Aly Kaes, Fernand Kartheiser, Justin Turpel.*

Als Presidentin vun der Kommissioun a Rapportrice vum Projet wëllt ech ofschléissend alle Bedeelegten aus dem Ministère haaptsächlech an aus de Verwaltungen e grouse Merci ausdrécke fir hir kompetent an onermiddlech Ënnerstëtzung, mat awer och engem zousätzleche Merci fir d'Madame Rachel Moris, als Sekretärin vun der Kommissioun, an lech alleguer fir Aert ganz konzentréiert Nolauschteren.

Merci!

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci der Madame Rapportrice.

Éischten ageschriwwene Riedner, en ass schonn esou gutt wéi prett, ass den Här Aly Kaes. Dir hutt d'Wuert!

Débat

► **M. Aly Kaes (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Prozedur, déi mer säit Métt 2000 hei am Parlament duerchlafen, esou wéi et virdrun och scho gesot ginn ass, an déi 2009 nach eemol ugepasst gouf, fir eisen Accord ze ginn zu Projeten, déi e Stat an de kommende Jore wëlles huet ze realiséieren, ass eng extrem transparent an demokratesch Prozedur, well mer als Volleksvertreieder quasi vun Ufank un an eng Rei Projeten, déi e gréissere finanziellen Impakt hunn, agebonne ginn. Ech wëll dat nach eemol hei ausdrécklech ënnersträichen an alle Leit, déi deemools dës Initiativ geholl hunn, e ganz grouse Merci soen.

Dir Dammen an Dir Hären, et ass schued, datt mer dëst Joer d'Prozedur net ganz agehalen hunn an elo e puer Wochen a Verzug sinn. Normalerweis hätt de Minister, dee fir effentlech Bauten zoustänneg ass, nämlech solle bis Enn Juni d'Lëscht mat de concernéierte Projeten an der Chamber hannerleeën. An dann hätt d'Kommissioun hir Aarbechte kënnen esou organiséieren, datt mer spëtstens den hallwen Oktober hätte kënnen dësen Débat hei an der Plénière féieren.

Well de Minister sech awer bis den 29. September Zäit geholl huet, fir d'Lëscht eranzeerechen, huet d'Kommissioun et natierlech net fäerdegbruecht, eng propper Analys ze maache fir d'Rentrée parlementaire, soudatt mer elo hei mat bal sechs Woche Verspéidung debattéieren.

Ech wëll dat u sech net weider kommentéieren, mä ech wëll ënnersträichen trotzdem, datt ech dat net glécklech fannen, wéi de Minister sech hei vis-à-vis vum Parlament beholl huet.

Am Laf vun de leschten aacht Joer, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, hu mer fir eng Rëtsch vu wichtege Projete per Motioun Feu vert ginn. Verschiddener dovun sinn och scho realiséiert ginn, wéi zum Beispill déi nei Maacher Grenzbréck, déi de Kolleeg Léon Gloden dëst Joer zesumme mat de Ministere Bausch an Dobrindt konnt aweien.

Aner Projete sinn amgaang, wéi zum Beispill d'Renovatioun vum Pont Adolphe, wat fir

d'Stad Lëtzebuerg a fir d'Erhale vun engem vun de Wahrzeeche vum Land enorm, enorm wichteg ass.

Verschidden aner Projeten, wéi dee vum Bau vun enger neier Akerbauschoul zu Gilsdref, dee mir a sech schonn am Oktober 2007 hei ofgeseent haten a wou mer 2012 och hei am Haus de Gesetzestext gestëmmt hunn, sinn awer leider nach ëmmer net an der Ëmsetzung, well dës Regierung de geplangte Site erëm eng Kéier a Fro gestallt hat a schlussendlech awer nâischt geännert huet a just Zäit verluer huet.

Dës ganze Hin an Hier ass jo och op kommunalpolitesch Grënn zrëckzeféieren. D'Regierung huet awer elo schlussendlech ugekënnegt, datt déi nei Schoul, also déi nei Akerbauschoul dann awer soll op deem Site gebaut ginn, deen déi Regierung virdru scho virgesinn hat.

Op dëser Plaz wëllt d'CSV d'Regierung nach eng Kéier och opruffen, mam Bau vum Clierfer Lycée unzefänken, an ech hoffen, datt dann, esou wéi et an der Lëscht vun de Prioritéiten oder de prioritäre Projete versprach ass, dat och am Fréijoer 2015 wäert de Fall sinn.

Wann ee bei de Schoule bleift: Et ass och wichteg, datt den neie Lycée Technique pour Professions de Santé zu Ettelbréck esou séier wéi méiglech Realitéit gëtt an dat dann och Enn 2015 de Fall ass, esou wéi et a sech virgesinn ass.

Et gëtt awer och, Dir Dammen an Dir Hären, Projeten, déi mer ganz vermësse respektiv wou mer gäre wëilten Informatiounen kréien, wéi et soll weidergoen. Zum Beispill ass dat, wéi et mat dem zukünftigen Internat vun der Akerbauschoul ass.

An dann och natierlech d'Kollegen aus dem Osten, ma déi wiere ganz frou, wann d'Aarbechte vum Ausbau vum Centre mosellan zu Éinen dann endlech géifen ufänken, a si wiere frou gewuer ze ginn, wéini datt et da mat deenen Ausbauarbechten ugeet.

Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, erlaabt mer, datt ech elo kuerz duerch d'Lëscht mat de Projete fueren, fir déi mer a sech haut hei gréng Luucht solle ginn. D'Madame Lorsché huet an hirem exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport, fir deen ech hir natierlech och villmools Merci soen, schonn am Detail déi eenzel Projete behandelt, soudatt ech just nach op eenzel Aspekter aginn, ouni d'Ambitioun ze hunn natierlech, komplett ze sinn.

Bon, an deem éischte Beräich geet et jo ëm d'Projete vum Fonds d'investissements publics administratifs. Hei wëll ech a sech d'Sportsinfrastruktur oder d'Sportshal fir d'Kasären um Härebiereg eng Kéier kuerz uschwätzen.

Bon, jiddwereen, dee mech kennt, weess, datt d'Infrastruktur vum eiser Arméi mir ganz besonnesch um Häerz leien. Duerfir war ech natierlech och ganz frou, datt ech an der Vergaangenheet - jo - zweemol Rapporteur vu Projete fir d'Arméiinfrastruktur konnt sinn, an zwar vun deem grouse Projet vum Hall logistique fir iwwer 60 Milliounen Euro, dee jo fäerdeg ass oder bal fäerdeg ass, an och am Beräich Génie civil, wou iwwer 20 Milliounen oder ronn 20 Milliounen Euro investéiert gi sinn.

Ënnert der CSV/LSAP-Majoritéit sinn awer och verschidde Pavillone restauréiert ginn an et ass ebenfals d'Drénkwaasserversuergung vum Härebiereg entscheidend verbessert ginn, an dat duerch d'Erneierung vun der Quell, déi an der Rue Clairefontaine zu Dikrech läit.

Et ass also schonn an der Vergaangenheet ganz vill geschitt. An et ass och wichteg, datt mer an der Zukunft nach weider, wéi gesot, an déi Infrastrukturen investéieren. Wa mer eng kompetent Arméi wëllen hunn a jonk motivéiert Leit wëlle rekrutéieren, fir dësen Déngscht fir d'Land a fir eis Leit ze maachen, dann ass et selbstverständlech ganz wichteg, datt an adequat Infrastrukturen investéiert gëtt.

Esou sinn ënner anerem eben déi Sportsinfrastrukturen, déi elo do sinn, wierklech net méi zäitgeméis, an duerfir gëtt fir déi Sportsinfrastrukture jo en neit Gebai gebaut, fir dat mer eben dann haut hei sollen d'Averständnis ginn.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Aly Kaes (CSV).**- Insgesamt sollen Aarbechten an der Héicht vu plus/minus 100 Milliounen, fir ganz genau ze sinn: 95 Milliounen Euro gemaach ginn. Selbstverständlech steet d'CSV dohannert an ënnerstëtzt dës Projet.

Ech wëll awer, wann Der erlaabt, drop opmierksam maachen, datt och weider muss an d'Logementer vun eisen Zaldoten investéiert ginn. Och ass et wichteg, datt eng Solutioun fonnt gëtt, fir de Schéissstand am Bleesdall definitiv erëm an d'Rei ze setzen. Och dat ass e wichteg Element.

A mir mengen als CSV och, datt - jo - et wichteg ass, eng Léisung ze fannen, fir datt mer an der Zukunft eis Munitioun net méi an der Belsch stockéieren, mä datt déi néideg Infrastrukture geschafe ginn, datt mer adequat Infrastrukturen hunn, fir datt mer vläicht déi Munitioun, déi mer brauchen, och hei am Land kënnen an der Zukunft stockéieren. Bon, dat zum Härebiereg.

Elo kéim ech zum Suessemer Schloss. D'Suessemer Schloss, dat, wéi et virdru scho gesot ginn ass, säit '71 als nationaalt Monument klasséiert ass, muss ganz kloer erhale ginn. Ech mengen, dat ass selbstverständlech. Duerfir sinn déi virgesinne Renovatiouns- an Assainissementsaarbechte sënnvoll an noutwendeg.

An der Kommissioun gouf d'Fro vun der zukünftiger Affektatioun vum Schloss gestallt. Dat ass effektiv eng berechtigt Fro. An ech wier frou, wann den Här Minister hei séier kéint Proposen op den Dësch leeën.

Nächste Projet, nächsten Dossier ass den Hémicycle um Kierchbiereg, den energeteschen Assainissement. Bon, dëst Gebai mat a sech senge ganz grouse Capacitéiten ass wichteg, wa mer Lëtzebuerg nach sollen am Beräich vum Kongresstourismus weiderbréngen, wa Lëtzebuerg an deem Beräich soll ausgebaut ginn. Duerfir ass d'CSV-Fraktioun absolut d'accord, datt d'Regierung eben den Hémicycle energetesch sanéiert. Déi Käscht wäerte sech jo op plus/minus zwielef Milliounen Euro belafen. Also, déi Aarbechten, déi do ufalen, déi wäerten awer och dozou féieren, datt mer op där anerer Säit massiv Energie kënnen aspueren, soudatt och iwwer eng bestëmmten Zäit dach awer och en Deel vun deem Invest dann erëm eng Kéier zrëckkënn.

Réaménagement an Extenssioun vum Lycée technique Bouneweg: Bon, dësse Projet, iwwert dee mer iwwerregens och schonns virun e puer Joer am Kader vun dësen Diskussiounen geschwat hunn, gesäit a sech zwou Phase vir, eemol de Bau vun engem neie Gebai mat 78 Klassen, 75 Atelieren an 13 Spezialsäll, an dann an enger zweeter Phas d'Renovatioun vum aktuelle Gebai, dat da fir den CNFPC ëmgebaut gëtt. Dës Investissementer an d'Ausbildung sinn noutwendeg a fanne selbstverständlech d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun. Bon, de Kolleeg Marc Lies wäert duerno nach kuerz eben d'Wuert ergräifen, fir méi spezifesch op dësse Projet nach eng Kéier anzegeen.

Da kéim ech zum Centre intégré pour personnes âgées zu Bascharage, dem éischte vun zwee Projeten, déi iwwert de Fonds d'investissements publics sanitaires et sociaux lafen. Hei gëtt en Altersheem mat 140 Better zu Käerjeng geschafen. Bon, wann dat Gebai bis fäerdeg ass an op ass, kann d'Altersheem zu Nidderkuer fir aner Zwecker benotzt ginn. Den Här Minister kann eis vläicht dozou méi Informatiounen ginn.

Den zweete Projet, esou wéi och d'Rapportrice et scho virdru gesot huet, vun deem Fong ass a sech de Centre pour réfugiés Héliar op der Weilerbaach bei lechternach. Hei geet et ëm e ganz aalt Gebai, wat fréier e Sanatorium war. Dat muss ebe komplett renovéiert ginn an energetesch sanéiert ginn. Och d'Sécherheetsstandarde si wierklech net méi deenen heitege Besoinen ugepasst. An effektiv ass et och wichteg, datt an der Zukunft weider 150 bis 200 Leit an deem Haus Plaz fannen an och ronn 70 Kanner hei kënnen an d'Schoul goen.

Dir Dammen an Dir Hären, wa mer eis den aktuelle Misär an der Welt ukucken, ass a sech net dovun auszegoen, datt iergendwann manner Flüchtlinge wäerten an d'Land kommen. An et ass wichteg, datt mer dës Leit, déi alles verluer hunn, a virun allem de Kanner, würdeg Plazen ubidden, wou se kënnen fir eng Zäit bleiwen.

Ech wëll och an dësem Kontext den Här Minister froen, ob nach aner Zentere geplangt sinn, nei Zentere, a wou dat eventuell de Fall ass, fir eventuell an der Zukunft all deene Besoinen, déi op d'Land zoukommen am Beräich vun de Réfugiéen, gerecht ze ginn.

An hirem Rapport ass d'Madame Lorsché - fir op d'Gebai zrëckzekommen - op den energetesche Standard agaangen, soudatt ech dat op dëser Plaz net méi wëll développéieren.

Dowéinst géif ech dann och direkt op de Fonds des routes agoen. Hei hu mer op der N7 de Couloir multimodal tëschent deenen zwou Nordstied Ettelbréck an Dikrech. Dësse Projet ass am Plan sectoriel «Transports» virgesinn an ass en zentraalt Element, ganz kloer en zentraalt Element fir d'Nordstad. Et geet ëm en Transportkorridor vu 4,5 km tëschent, wéi gesot, Ettelbréck an Dikrech.

D'Madame Lorsché ass schonn op déi fënnf Partië vum Projet agaangen, sougutt am

mëndleche wéi deels am schrëftleche Rapport. Ech wëll just soen, datt dësse Projet eminent wichteg ass fir d'Nordstad an dowéinst esou séier wéi méiglech muss kommen, wa mer der Nordstad dee Stellewäert wëlle ginn, dee se verdéngt.

Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, ofschléissend kommen ech da bei de Fonds du rail. Hei gëtt zu Hollerech an der Rue de la Déportation en neit Gebai gebaut, fir d'Entités décisionnelles an déi verschidden Equipe vum Service Maintenance Infrastructure ze beherbergen. Et mécht Sënn, datt déi bal 400 - 370 Leit -, déi bis elo a sechs verschiddene Gebaier, déi zudeem a kengem gudden Zoustand sinn, ënnerbruecht sinn, elo op engem Site schaffen.

Wichteg ass och hei ze erwähnen, datt bei der Ausaarbechtung vun de Pläng a vun der Gestaltung vun de Raimlechkeeten a sech déi Leit, déi dann duerno déi Raimlechkeete mat Liewe fëllen, do konnte matplangen. Dat gëtt op jidde Fall vun der CSV absolut, absolut begréisst.

Als zweete Punkt ass virgesinn, um gesamten Eisebunnsréseau Mesurë géint de Kaméidi ze huelen an ze installéieren. Duerch eng Direktiv, déi mer och ëmgesat hunn, si mer heizou obligéiert. D'Ëmweltverwaltung huet an deem Sënn eng Kartografie vum Kaméidi ausgeschafft, unhand vun där da gekuckt ginn ass, wou Mesurë mussen geholl ginn, fir eben de Kaméidi vun den Awunner ewechzehalen. Fir déi Leit, déi bei dësen Tronçone wunnen, bedeit et e Gewënn u Liewensqualitéit, wa se net méi dagaus, dagan esou enger Belaschtung ausgesat sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Schluss kommen eng Rei vu Projeten, déi d'Erneierung vun Eisebunnsinstallatiounen uechtert d'Land virgesinn, an dat an enger Héicht vun insgesamt 75,5 Milliounen Euro. Et ass kloer, datt dës Investissementer musse gemaach ginn, fir eisen Eisebunnsréseau op engem gudden Niveau ze halen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'CSV-Fraktioun gëtt also hiren Accord zu de Projeten, esou wéi d'Regierung se proposéiert. Mir stinn dës Projete ganz positiv géintiwwer a si frou, datt mir hei eng Kontinuitéit erkennen an der Moderniséierung vum Land, esou wéi déi viregt Regierungen et an d'Weeër geleet hunn.

An deem Sënn wëll ech hei eng Motioun déposéieren, fir der Regierung eis ausdrécklech Ënnerstëtzung ze ginn, fir d'A3 op zweemol dräi Spuren ze verbreederen, esou wéi de Minister Bausch dat am Oktober 2014 am Kader vu senge prioritäre Projeten annoncéiert huet. Wann ech gelift, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci.

Motion 2

La Chambre des Députés,

considérant

- *qu'environ 90.000 véhicules par jour fréquentent les autoroutes A6 et A3;*

- *que l'on s'attend à une augmentation annuelle du trafic de 5 à 7%;*

- *que le projet de règlement grand-ducal déclarant obligatoire le plan directeur sectoriel «transports», tel que présenté par le Gouvernement en mai 2014, prévoit la mise à 2x3 voies de la section Aire de Berchem - Croix de Gasperich de la A3 ainsi que la sécurisation/optimisation de la Croix de Cessange et de l'échangeur Helfenterbrück sur la A6;*

- *que la mise à 2x3 voies de la A3 figure parmi les objectifs prioritaires des investissements pluriannuels, présentés par Monsieur le Ministre du Développement durable en date du 23 octobre 2014;*

invite le Gouvernement

- *à réaliser les travaux d'élargissement à 2x3 voies de l'autoroute A3 le plus rapidement possible.*

(s.) *Aly Kaes, Léon Gloden, Françoise Hettog-Gaasch, Michel Wolter, Laurent Zeimet.*

► **M. Aly Kaes (CSV).**- Voilà, zum Schluss insistéieren ech awer nach eng Kéier drop, datt d'nächst Joer de Minister sech soll dach awer wann ech gelift un d'Délaie vun der Prozedur halen, an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Kaes. Nächste Riedner ass den Här Georges Engel. Här Engel!



► **M. Georges Engel** (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir unzefänke wéilt ech der Rapportrice, der Josée Lorsché, villmools Merci soe fir den exzellente mëndlechen a schréffleche Rapport.

Als LSAP sti mir natierlech all de genannte Projekte favorabel géigeniwwer, déi all eng Verbesserung vun den Infrastrukture mat sech bréngen. Ech fannen et och net schlëmm, dass d'Regierung sech hei e bëssen Zäit geholl huet an net blannemännchen alles iwwerholl huet, mä sech hir eege Gedanken gemaach huet an och hir eege Prioritéiten hei wollt setzen. Sechs Woche méi spéit duerfir an d'Chamber ze kommen, ass do fir mech ganz akzeptabel.

Ganz allgemeng wëll ech zu deene 15 Projekten, déi hei zur Diskussioun stinn, soen, dass si gutt ënnersträichen - och wann de Besoin, fir dës Projete ze realiséieren, schonn deelweis vun der viregter Regierung ugeduecht gouf -, dass dës Regierung gewëllt ass, d'Investitiounen op engem héijen Niveau ze halen a souguer mat enger Steigerung vun 10% pro Joer nach auszubauen. Domadder gétt déi fragil Croissance, déi mir aktuell ëmmer nach hunn, ënnerstëtzt. Dëst ass ganz wichteg fir eis Betriber, fir eis Wirtschaft an domadder fir eis alleguer.

Ëffentlech Investitiounen - an dësem Débat schwätze mer vun e puer Honnert Milliounen Euro, de genau Montant ass nach net gewosst, well verschidde Projete nach net chiffriert sinn - suerge kuerzfristeg fir wichteg Opträg fir vill Betriber am Land, sécheren also Aarbechtsplazen a schafen an dësem Fall duerch besser Infrastrukturen an awer och an anere Fäll, zum Beispill am Beräich vun der Förschung an der Innovatioun, nohalteg Zukunftsperspektiven. Laangfristeg schliisslech féiert esou eng Politik vun héijen effentlechen Investitiounen och zu zousätzleche privaten Investitiounen.

Ech wëll hei ënnersträichen, dass d'Gemengen hei niewent dem Stat e ganz wichtigen Akteur sinn an dass eng Abberzuel vu PMÉen an domat ganz vill Leit, déi hei hire Liewensënnerhalt bezieen, duerch dës Opträg liewe kënnen. Och weist d'Regierung mat dëse Projeten, dass si Prioritéiten a bestëmmte Beräicher, also politesch Akzenter, setze wëllt an och setzt. Prioritéiten, deene sech d'LSAP hei absolut uschlësse kann.

Esou weist d'Regierung duerch d'Projete am Beräich vun de Schoulgebaier, dass d'Aus- an d'Weiderbildung en zentrale Piler vun hirer Politik ass an an den Ae vun der LSAP och muss sinn.

Esou soll zu Bouneweg hannert dem aktuelle Lycée technique e ganz neit Gebai fir den LTB entsto an, wéi d'Rapportrice et scho gesot huet, mat ville Klassenäll, Atelieren a Spezialsäll, dat fir ronn 2.000 Schüler, wou déi kënnen adequat enseignéiert ginn.

Dat aktuell Gebai vum Bouneweger Lycée sengersäits soll zukünfteg no der Renovatioun an der Mise en conformité vun de Säll an den Ateliere fir d'Weiderbildung genotzt ginn. Op 16.000 m² kritt hei de Centre national de Formation professionnelle continue, den CNFPC, no Ettelbréck an Esch eng drëtt Antenn am Zentrum. D'Erfollegstory vum CNFPC kann also hei weidergefuert ginn.

Awer och d'Infrastrukturen am sanitären a soziale Beräich kommen net ze kuerz. Der demografescher Entwécklung gétt Rechnung gedroen - eng Entscheidung, déi mir begreissen -, andeems zu Käerjeng e CIPA, e Centre intégré pour personnes âgées, mat 140 Better a moderne Servicer gebaut gétt. An dës Strukture kënnen d'Pensionnaire bis zu hirem Liewensenn betreit ginn an d'Famillje kënnen hei op kompetent Mathëllef a ganz schwierege Liewenssituatiounen zrëckgräifen.

Zwar mussen an dësem Zesummenhang nach e puer Punkten am Plan sectoriel a mat der Verkeiersubannung gekläert ginn. Déi néideg Demarché sinn awer schonn entaméiert. Och ass et wichteg, dass, wann opgrond vun enger Reform vun der Fleegeversécherung zukünfteg nei Betreiungs- a Fleegekonzepter en place gesat ginn, dësen neie CIPA net a Fro gestallt ass.

Positiv ervirhiewe muss een och d'Entscheidung, de Centre de refugiés Hélier an der Weilerbaach komplett ze renovéieren an energetesch ze sanéieren. Dass dës Projet net vu Muttwëll ass an dass d'Wunnbedéngungen hei zum Deel onwürdeg sinn, dov u ka jiddweree sech iwwerzeegen, deen eng Kéier an der Weilerbaach passéiert ass. Op dës Manéier wäerten zukünfteg Fraen, Männer an awer och virun allem Kanner, déi schonn enorm vill Leed erlieft hunn an dowéinst hir Heemecht hu misse ver-

loossen, an akzeptable Gebailechkeete kënnen ënnerbruecht ginn.

Dréngend noutwendeg, wann och an engem anere Kontext, sinn déi dräi Projete vum Fonds d'investissements publics administratifs. Mat engem Projet soll d'Kasär Grand-Duc Jean um Härebiere fir e Käschtepunkt vu 95 Milliounen Euro réaménagéiert an ausgebaut ginn.

Heibäi handelt et sech ëm déi drëtt vun insgesamt fënnf Etappe fir d'Rehabilitatioun vun alle Militäinfrastrukturen um Härebiere a si betrëfft de Réaménagement an d'Sanéierung vun allen existéierende Gebaier an de Bau vun enger neier Sportsinfrastruktur. D'energetesch Sanéierung vun dëse Gebaier ass, wéi scho vu menge Virriedner ënnerstrach, Deel vun enger europäescher Direktiv, déi 2012 ugeholl gouf a virgesäit, fir bis 2020 den Energieverbrauch ëm 20% ze reduzéieren, dass all Joer 3% vun de staatlechen Immobilieflächen renovéiert ginn.

An hei wéilt ech eng Klammer opmaachen: Vill vun de Gebaier an Haiser hei am Land an awer och am Ausland ginn energetesch sanéiert un de Fassaden, andeems Polystyrol, oder besser bekannt Styropor, opgepecht gétt an esou fir d'Wärmedämmung suerge soll. Dëst Material ass awer am Brandschutz net onëmstridden an ass bei Sanéierungen e richtege Problem beim Recycling. Et misst ee sech hei eeschthaft Gedanken maachen, fir Alternativen hei virzeziehen, déi deeselwechten Zweck, awer manner Niewewirkungen hunn, zumools wa mer vun Nohaltegkeet vun de Materialien hei schwätzen.

Bleift an dësem Kontext ervirzeesträichen, dass och am Beräich vum Energieverbrauch bei effentleche Gebaier d'Regierung eng kloer definiert Strategie verfolgegt, an dëst zesumme mat anere Facteurs wéi dem Confort vun den Utilisateuren, der elo just ugeschwate Nohaltegkeet vun de Materialien oder den Ënnerhaltskäschten, wat en zentrale Punkt bei alle Renovéierungen oder neie Konstruktiounen ass.

Ganz an dëser Linn ass e weidere Projet, deen ech aus verständleche Grënn perséinlech ganz staark begreissen, d'Renovéierung vum Suessemers Schloss. Zwar ass nach keng Entscheidung iwwert déi genau Affektatioun vun deem imposante Gebai aus dem 16. Jorhonnert geholl ginn, mä d'Raimlechkeeten, wa se bis eng Kéier renovéiert a sanéiert sinn, bidden zesumme mam grouss Park ronderëm eng ganz Rei vu Méiglechkeete fir zum Beispill kulturell oder aner Fräizäitaktivitéiten. An ech wier do och ganz frou, wa fir déi zukünfteg Notzung vun deem Gebai d'Gemeng och do géif matagebonne ginn. Et ass en absolut erhaltenswäerte Patrimoine architectural national, deem een deen ugepasste Stellwäert muss ginn a woubäi een onbedéngt, ech sot et scho virduen, och déi wonnerschéi Parkanlagen hei mat soll integréieren.

Energetesch sanéiert gi soll dann och den Hémycycle vum Kierchbiere. Dat Gebai mat engem grouss Konferenzsäll fir bis zu 600 Leit, verbonne mat engem Centre de Conférences, deen ënner anerem vun dem Verwaltungsgereicht an der neier Cour d'appel du brevet genotzt gétt, staamt aus dem Joer 1980. Dass seng energetesch Wäerter deemno net méi den aktuelle Standarden entsprechen, läit op der Hand an d'Sanéierung vun dësem Gebai, wat awer zum Bild vun der Geschicht vum Kierchbiere derzougeheiert, ass am Sënn vun der Energiepolitik vun dëser Regierung eng Noutwendegkeet.

Last but not least wëll de Stat awer net nëmmen a gebailech Infrastrukturen investéieren, mä och an Transportinfrastrukturen. Och op dësem Punkt gi ganz kloer Prioritéiten erkennbar, nämlech d'Prioritéit, fir den effentlechen Transport an déi sougenannten „mobilité douce“ par rapport zum Individualverkeier ze förderen.

Esou soll laanscht d'N7, déi gëschter erëm tragesscherweis à la une war, hei awer tëschtent Ettelbréck an Dikrech op enger Längt vu 4.500 m e sougenannten „couloir multimodal“ entsto. Dës Couloir, deen et vereinfacht gesot soll erlaben, dass tëscht de Gare vun deenen zwou Stied den Autosverkeier, d'Bussen an d'Mobilité douce kënnen parallel fonctionnéieren, ass een Deel vum Plan sectoriel „Transports“ an d'Réckgrat vun der zukünfteger Urbanisatioun vum zentralen Deel vun der Nordstad. Wichteg fir eis ass zu deem Zäitpunkt hei och ze soen, dass, wéi am LSAP-Wahlprogramm gefuerdert, d'Eisebunnslinn, déilaanscht dës multimodale Couloir leeft, erhalte bleibt an och weider fonctionnéiere soll.

Ee weidere Projet betrëfft de Fonds du rail. An der Rue de la Déportation entsteet bis viraussichtlech 2019 e Gebai op enger Niddregenergiebasis, wou d'Büroe vun all den Employéen, enge ronn 370, vum Service Maintenance Infrastructure, déi momentan op sechs Gebaier verdeelt sinn, am Sënn vun enger besserer Synergie zesummegeluecht ginn. Déi Gebaier, déi domadder da fräi ginn, wäerte jee no Zou-

stand ofgerappt oder anerwäerteg benotzt ginn oder verlount ginn.

Besonnenesch ervirhiewe soll ee bei dësem Projet, an den Aly Kaes huet et gesot, dass dat ganz Personal bei der Konzeptioun matagebonne gouf. An esou wéi hien dat begreisst huet, begreissen ech dat natierlech ganz selbstverständlech och, an domadder d'LSAP natierlech och.

Da ginn nach mat engem weidere Projet an am Kontext vun enger entsprecherender EU-Direktiv an engem Plan-cadre bei Zuchstrecke mat héijem Verkeiersopkomme Moosname géint de Kaméidi ergraff. Dat heescht am Kloertext, et gétt e Lärmschutz opgeriicht géint de Kaméidi, deen d'Leit ganz vill krank maache kann, deen net ze ënnerschatzen ass. An duerfir ass dës Moosnam och nëmmen ze begreissen.

An enger éischter Phas soll dat op der Linn Lëtzebuerg-Beetebuerg-Esch geschéien, wou all Joer méi wéi 60.000 Zich passéieren, ier dann an enger zweeter Phas déi Strecke mat méi wéi 30.000 Mouvementer un d'Rei kommen. Eng Kartografie ass hei vun der Administration de l'Environnement amgaangen opgestallt ze ginn.

Ënnersträiche muss een hei awer och, dass och schonn zousätzlech Moosname géint de Kaméidi ergraff goufen, déi iwwert de sougenannten „plan-cadre“ erausginn, esou zum Beispill am Kader vum Ausbau vun der Zweegleisegkeet vun der Streck Péiteng-Lëtzebuerg, an och vun Hamm op Sandweiler.

Last but not least wëllt d'Regierung, wat mir begreissen, op der Stater Gare an op diversen Zuchlinne verschidden Equipementer a Streckenofschnëtter nei maachen an och moderniséieren, an dat Ganz mat engem Gesamtkäschtepunkt vu 75,5 Milliounen Euro.

Här President, als LSAP wëlle mer d'Regierung an hiren Infrastrukturprojete fir déi nächst Joren ënnerstëtzen. D'Investitiounen sollen op eng intelligent well zilgericht Aart a Weis op engem héijen Niveau gehale ginn, fir domadder eis Ekonomie ze ënnerstëtzen an hir op dës Manéier och eng gewëss Previsibilitéit ze ginn. Selbstverständlech sollen eis Infrastrukturen duerch déi Projete natierlech dann och besser ginn.

Aus dëse Grënn ënnerstëtze mir och déi virgeluechte Motioun, an ech soen lech elo Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Georges Engel. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas** (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Débat vun haut muss een natierlech och vill méi an de budgetäre Kontext setzen, wéi dat fréier de Fall war, wa mer iwwer grouss Infrastrukturprojete diskutéiert hunn. Et gétt jo nach ëmmer Leit hei am Land, déi mengen, déi finanziell Situatioun wier ganz gutt. Ech mengen, entretemps huet een, dee sech e bëssleche mat eisem Budget ofginn huet, jo awer erausfonnt, dass dat leider net méi de Fall ass!

Ech erënnere mech nach drun, wéi mer hei virun zéng, zwielef Joer Débata gefouert hunn iwwert d'Affektatioun vu Plus-valuen, a wéi eng Fongen dass déi sollen affektéiert ginn. Déi Débata gehéiere leider der Vergaangenheet un. An ech fäerten, dat wäert och an noer Zukunft net méi de Fall sinn, dass mer esou Diskussiounen kënnen féieren. Leider, muss ee soen! Haut hu mer eng ganz aner Situatioun. An dann ass et ganz kloer, dass een aus deem Bléckwénkel gekuckt natierlech muss verstärkt Prioritéite setzen, wat d'Investissementer an Zukunft ubelaangt.

Wann een déi Lëscht vun haut méi genee analyséiert, da gesäit een allerding, dass et eng ganz Rei Projete sinn, déi a wesentlech Beräicher vun der Politik eragräifen. Ech denken do un d'Bildung, ech denken un d'sozial Aarrichtungen, den Transport, awer och Mesuren, fir d'Kompetitivitéit vun eise Betriber ze verbesseren.

Wou een eiser Meinung no de Routstëft net därf ze vill staark usetzen, dat ass mat Sécherheet och um Niveau vun der Sécherheetspolitik an och vun der Politik vun der Force publique. A wa mer bei deem Sujet sinn, dann denkt een natierlech och direkt un de Réaménagement, Assainissement vun der Kasär um Kierchbiere, zu Dikrech, pardon, dass do natierlech...

(Interruptions et hilarité)

...Härebiere, um Härebiere zu Dikrech! Dass do natierlech och eng Rei Nohuelbedarfer bestinn, ass ganz evident. An een, dee schonn eng Kéier an der rezenten Vergaangenheet doue war, dee weess, dass mer do musse ganz vill nach investéieren, well een ëmmer d'Gefill huet, wann een duerch déi Gebailechkeete geet, dass

een an d'fofzeger Joren zrëckversat ass. Effektiv, déizäit gouf jo den Härebiere fir dausend Leit do gebaut.

Déi zwou éischte Renovatiounsphasen, déi hu jo schonn den Aval hei vun der Chamber fonnt. Am Joer 2002 war jo och e Bureau d'études dermat beoptragt ginn, fir en Audit ze maachen, wéi u sech déi zukünfteg Besoine vun der Arméi sollen ausgesinn. 2006 war dann e Programm a fënnf Etappe festgeluecht ginn.

Mir hu jo hei zu Lëtzebuerg de Wee ageschloen, fir u sech eng Arméi ze hunn, eng Arméi opzebauen, déi wichteg Bäitrag soll zu den europäeschen an atlantesche Sécherheetsstrukture leeschten. Wa mer iwwert d'Renovatioun vun den Infrastrukturen vun den Arméiegebaier um Härebiere schwätzen, da muss een natierlech awer och sech Gedanken maachen: Wéi soll d'Arméi an Zukunft ausgesinn? Et huet jo kee Wäert, dass een elo enorm Zommen an d'Renovatioun investéiert, wann een net och gläichzäiteg awer Virstellungen huet, wéi déi Arméi vu muer soll ausgesinn.

Mir sinn eis och alleguer bewosst a mir wëssen dat, dass natierlech d'Attraktivitéit vun der Arméi virun allem bei deene Jonken net méi dee Stellwäert huet, wéi dat emol vläicht fréier de Fall war. Dofir ass et och gutt, dass sech Gedanken gemaach ginn: Wéi kënnen mer déi Arméi nach méi attraktiv maachen? An den zoustännege Minister huet jo an deene leschten Deeg déi eng oder déi aner Pist opgezeechent, wéi am Fong geholl och nach kënnen nei Perspektiven fir jonk Leit geschafe ginn, déi sech an d'Arméi mellen. Ënner anerem huet en dervu geschwat, dass zum Beispill Huissieren an de Statsverwaltungen och kéinten aus der Arméi rekrutiert ginn.

Déi nei Sportsinfrastrukturen, déi jo elo virgesinn, déi soll jo och nach fir aner Besoine genotzt ginn, ënner anerem fir Schoulen aus deem Raum oder och fir Federatiounen. Mir fannen dat u sech eng ganz gutt Iddi, fir eben och déi Synergie do hierzustellen. Wat fir eis als DP awer wichteg ass: dass e gewëssen akzelerierte Rhythmus elo an déi Aarbechten erakent an dass och de Betrib vun der Arméi u sech net dorënner leit, wann elo déi Aarbechten do gemaach ginn.

Ech wëll an deem Kontext och op de Wahlprogramm vun der Demokratescher Partei hiweise vun 2013, wou mer geschriwwen haten: „Die DP will eine ganze Reihe von Infrastrukturen der Armee in Stand setzen, die definitiv nicht mehr den nötigen Standards entsprechen (Krankenstation, Kantine...)“.

Et schéngt eis och evident ze sinn, dass de Stat Respekt weist vis-à-vis zu Gebaier, déi eng héich architektonesch Substanz hunn, Gebaier, déi och Zeie vun der Vergaangenheet sinn, an da si mer och ganz séier bei dem Schloss vu Suessem. E ganz wesentlech, flott, interessant Schloss aus dem 16. Jorhonnert, wéi jo och schonn hei gesot ginn ass, a wat duerch den Arrêté ministériel vum 8. März 1971 op d'Lëscht vun de klasséierte Monumenter gesat ginn ass.

Elo ass jo de Centre virtuel de la connaissance sur l'Europe do ënnerbruecht. Esou luewenswäert dat natierlech och ass, et kann een awer roueg hei ënnersträichen, dass dat Schloss nach vill méi Substanz hiergëtt, och nach fir vill aner Aktivitéiten. An ech géif soen, et ass net nëmmen eng Revaloriséierung fir d'Gemeng Suessem, där een dat ganz gär vergonnt, mä et ass eng Revaloriséierung och fir de Süden u sech, fir dat flott Schloss do ze restauréieren an em e Kader ze ginn, mam Park natierlech abegraff, wou ee ka wierklech flott kulturell Initiativen an Organisatiounen an Zukunft maachen. A wann ech op dee leschte Weekend zrëckkucken, wou jo dann déi flott Initiativ vum „Wanterfeeling“ zu Suessem ronderëm d'Schlass war, da gesäit ee jo och do, wat dat awer ausmécht, wann een esou e Kader kann zur Verfügung stellen.

Am Fonds d'investissements publics administratifs ass jo dann och nach en drëtte Projet virgesinn, dat ass den Assainissement vum Hémycycle um Kierchbiere. Dee baséiert jo um Gesetz vum 8. Dezember 1978. Deemools war dee jo gebaut ginn, fir u sech 410 Europadeputéiert opzehuelen. An an deem Kontext wäerte sech nach eng Rei Leit heibannen och un déi grouss Diskussiounen erënnern, déi deemools ëm de Projet „Kueb“ gefouert goufen.

Déi geplangt Renovatioun vun elo, déi jo mat plus ou moins 12 Milliounen veranschlagt gétt, fënnst eis Ënnerstëtzung, well engersäits muss de Stat natierlech och mam gudden Beispill virgoen, fir vum energetesche Standpunkt hier awer och seng Gebaier esou an d'Rei ze setzen, dass nëmmen e Minimum un Energie verbraucht gétt. Op där anerer Säit därf een awer och net vergiessen, dass mer duerch esou Projete awer och eng flott modern Infrastruktur schafen, fir de Kongresstourismus hei zu Lëtzebuerg nach ze förderen. Do läit nach vill Poten-



zial an et ass also gutt, datt mer déi Infrastruktur an deem Sënn och wäerte schafen.

Interessant ass dann och am Rapport vun der Madame Lorsché, där ech dann och Merci wëll soe fir hire mëndlechen a schrëftleche Rapport, datt se deem energeteschen Aspekt eng gewësse Bedeitung ginn huet. Ech mengen, et ass ganz wichteg, datt mer an Zukunft bei all Bau, dee geplangt gëtt, vu vireran natierlech versichen, och e Maximum un Efforten ze maachen, fir datt nëmmen e Minimum un Energie do gebraucht gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass jo en oppent Geheimnis, datt d'Demokratesch Partei besonnesch den Akzent vun hirer Politik op d'Bildung setzt. Wann ee Bildung seet, denkt een natierlech net nëmmen u Lerninhalte, mä et denkt een natierlech och un Infrastrukturen. Mir brauchen och dofir gutt modern, adequat ugepasste Gebailechkeeten. Dofir ass et och fir eis ganz interessant, datt an deenen nächste Joren de Bau vun enger Rei vu Schoulgebaier nach virgesinn ass.

Op der Lëscht vun haut steet jo dann och den Neibau vum Lycée technique vu Bouneweg. Zënter 1994 goufen a siwe sukzessive Phase provisoresch Infrastrukturen, kann ee soen, geschafen. D'Zuel vun de Schüler ass vum Schouljoer 1989-1990 vun 987 op 2.047 am Schouljoer 2014-2015 eropgaangen. Haut kann ee soen, datt dräi Véirel vun de Schüler a sougenanntenen „structures pavillonnaires“ ënnerriicht ginn, wat et dem Lycée jiddefalls de Moment net erlaabt, säin innovatiivt pädagogesch Konzept a senger Gesamtheet ëmzesetzen.

Et gëtt och de Moment eng Rei Defiziter an dem bestehende Gebai, sief dat d'Restauration, sief dat d'Bibliothék oder siefen dat parascolaire Aktivitéiten. D'Ateliere fir d'Formation am gastronomesche Secteur entspreche jiddefalls och scho laang net méi den internationale Sécherheetsnormen HACCP. An och well d'Zuel vun den Elëve an de Sektouren „technique générale“ an och „paramédicale et sociale“ sech an deene leschte Jore verduebelt huet, huet dat natierlech och mat sech bruecht, datt et zu enger Pénurie un adequate Schoulsäll komm ass.

Den 11. November 2009 war och hei op där Plaz jo décidéiert ginn, fir en Ausbau vum Lycée technique vu Bouneweg virzehuelen, dat mat engem Devis vun 105 Milliounen. Et war awer dunn am Joer 2013, wéi de Conseil de Gouvernement jo d'Décision geholl huet, fir e ganz neit Gebai ze bauen. Elo sinn, wéi gesot, dann déi Pläng nach net direkt sprochräif. Mä d'Iddi ass jo, fir en neit Gebai ze bauen, fir dann och 2.000 Schüler do opzehuelen.

Et ass och scho virdrun hei gesot ginn, de Lycée technique vu Bouneweg, deen investéiert jo och ganz vill a Schüler, déi an enger Sportsfederatioun selektionéiert sinn. Et sinn de Moment plus ou moins 30 där Schüler. An de Bau vun enger neier Piscine an och vun neie Sportsinfrastrukture mat véier verschiddenen Unitéite kann u sech dann och zousätzlech nach d'Kooperatioun mam Sportslycée nëmme verbesseren.

D'Haaptgebaier - an och dat si mer iwwert de Wee jo da vun dem Rapport hei gewuer ginn - soll jo dann an e Centre de formation professionnelle continue ëmgewandelt ginn. Ech mengen, déi Struktur stellt u sech kee méi a Fro, well jo eng ganz grouss Demande souwuel vun der Économie, vum Handel oder och vun dem Handwierk do ass, fir Leit eben ëmzeschoulen oder fir ebe Recyclageprogrammer unzëbidden. Dofir ass et evident, datt natierlech och dee Projet eis Ënnerstëtzung fënn.

Dat Eenzezt, wat ee kann hoffen, ass, datt et elo net méi esou laang dauert wéi bei deem éischte Projet vum CNFPC, well do war schonn 1983 ugefaange ginn ze plangen. Ursprénglech sollt dat jo zu Bartreng aménagéiert ginn. Schliesslech gouf sech dunn am Juli 1991 fir de Site Esch décidéiert, mä d'Gesetz gouf eréischt 1993 gestëmmt. Wéi gesot, nach eng Kéier: an der Hoffnung, datt dat dës Kéier net wäert esou laang daueren!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een e bëssen d'Statistik vun der Entwécklung vun eiser Populatioun analyséiert, da mierkt ee jo ganz séier, datt mer - an dat ass zwar e positiven Aspekt - jo u sech ëmmer méi al ginn. Op den 1. Januar 2014 hate mer hei zu Lëtzebuerg 9.650 Leit, déi méi al wéi 85 Joer waren. 2001 waren dat der awer eréischt 6.203. Do gesäit een also, datt permanent u sech d'Alterspyramid sech wäert änneren. Dat bréngt natierlech och mat sech, datt d'Demande, fir nei CIPAen ze bauen, och ëmmer méi grouss gëtt. Dowéinst ass dann och ze begréissen, datt eben elo zu Bascharage virgesinn ass - Käerjeng -, och en neien CIPA do ze baue vun 140 Better.

Bon, op dee pikanten Detail, wat de Plan sectoriel «Paysages» ubelaangt, ginn ech elo net

weider an. Ech mengen, déi lescht Deeg respektiv déi zukünfteg Deeg wäerte jo dann eng nei Diskussioun iwwert d'Plan-sectorielle bréngen, wou vläicht dann och dee Punkt do kann dee Moment geännert ginn. Wann dann dee CIPA do zu Käerjeng eng Kéier realiséiert gëtt, bréngt dat natierlech och nei Perspektiv fir d'Altersheem zu Nidderkuer mat sech.

Deen 1910 vum Paschtouer an Naturheeler Nicolas Neuens gegrënnten Institut Héliar an der Weilerbaach, deen huet jo och schonn eng ganz laang Geschicht hanneru sech, mat enger ganzer Rei Attributiounen. Datt dat Gebai muss sanéiert ginn, iwwerrascht mat Sécherheet net.

Et ass och net nëmmen den energeteschen Aspekt, deen een hei an där Diskussioun soll ënnersträichen, mä ech mengen, et ass och e gewëssen humanitären Aspekt, deen een net därerf vergiessen, well mer jo awer och als Lëtzebuerg d'Décision geholl hunn, déi richteg Décision geholl hunn, och an Zukunft wëlle Flüchtlingen hei zu Lëtzebuerg opzehuelen. An ech mengen, dann ass et och evident, datt mer deene Leit och sollen e beschtméigleche Kader zur Verfügung stellen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ee Projet ass dann am Fonds des routes virgesinn, an zwar de Couloir multimodal zwëschen Ettelbréck an Dikrech op der N7. Déi Strooss, déi gëtt jo regelméisseg Ulass zu Diskussiounen, an et huet jo virdru schonn e Virriedner drop higewisen, ech mengen, op deen extrem trageschen Accident och vu gëschter, wou erëm eng Kéier déi Diskussioun iwwert d'N7 eng nei Bedeitung kritt, op déi ech awer elo net hei wëll agoen. Meng Kolleegen Edy Mertens an André Bauler si vill méi kompetent a wäerten och zu spéiderer Zäit eng Kéier do déi Problematik méi am Detail hei belichten.

Haut hu mer allerdéngs och e wichtege Aspekt, dat ass, wéi gesot, zwëschen Ettelbréck an Dikrech, wou dann eben elo virun allem fir den ëffentlechen Transport zousätzlech Moossname geholl ginn, wat och richteg ass, fir eben do dann och dee Flux nach besser kënnen dee Moment ze organiséieren.

Ech wëll an deem Kontext awer och nach op eng majoritär Décision hei hiweise vun deene Gemengen aus der Nordstad, déi sech jo emol eng Kéier derfir ausgeschwat haten, fir den Zuch u sech duerch e Genre Tram ze ersetzen, duerch en „Mettil“ ze ersetzen, fir en dann emol esou ze nennen. Déi Diskussioun wäert natierlech och weidergefuert ginn, wat d'Zukunft och vun der Zuchstreck ass. De Moment ass jo emol kloer déi politesch Ausso gemaach ginn, wat jo och am Rapport esou festgehal ginn ass, datt d'Zuchstreck u sech net soll de Moment iergendwéi ugepaakt ginn.

Wesentlech Investissementer si mer dann awer och iwwert de Fonds du rail elo gewuer ginn, wou dann och an noer Zukunft respektiv a mëttelfristeger Zukunft sollen eng Rei wichtege Investissementer gemaach ginn, ouni elo wëlen hei och an den Detail ze goen. Ech mengen, wat awer ganz interessant ass, dat ass dat neit Maintenance-Gebai zu Hollerech. Déi 370 Mataarbechter, déi jo de Moment op dräi verschidde Sitë verdeelt sinn, kënnen dann an Zukunft, wéi gesot, regroupéiert ginn op engem eenzege Site. A wat och hei interessant ass: datt awer och d'Personal, wéi dat sech awer dann och gehéiert, fréizäitig mat an den Entwécklungsprozess integréiert ginn ass.

Een Detail, deen awer net onwichtig ass, dat ass d'Schafe vu Parkingen. An d'Parkinge sollen hei prioritär a richtegerweis och geschafe gi fir d'Voitures de service an net onbedéngt fir déi Leit, déi do schaffen. Ëmsou méi, well et jo och Leit sinn, déi op der Eisebunn schaffen. Ech mengen, dann hu se jo och eng Méiglechekeet, fir bequem a gutt op d'Aarbechtsplaz ze kommen.

Wann dee Projet bis eng Kéier ëmgësat ginn ass, da gëtt natierlech och de Bâtiment voyageurs zu Beetebuerg deelweis fräi. Och do sollt ee sech also elo scho Gedanke maachen, wéi esou eng zukünfteg Affektatioun kann ausgesinn. D'Fro, déi an de Raum gestallt gouf: Firwat net och emol esou ee Gebai fir kulturell Zwecker an Zukunft dann notzen?

De Kaméidi ass ouni Zweifel e lästege Facteur an eisem dagdeegleche Liewensoflaf. Mir wëssen, datt dat natierlech eis alleguete ganz vill Kappzerbrieschen mécht, besonnesch deene Leit, déi laanscht d'Haaptachse wunnen. Leit, déi laanscht d'Autobunn wunnen oder och déi, déi laanscht eng Zuchstreck wunnen, déi staark befuer ass, wëssen dovunner e Liddchen ze pafen.

Dowéinst ass et awer interessant, datt elo och hei ënnert deene sëllege Projeten, déi virgesi sinn, awer och Moossname geholl ginn duerch de Bau vun Écrans antibruit laanscht déi meeschtbefuerten Zuchstrecken. An datt dat natierlech d'Zuchstreck Stad-Beetebuerg-Schëffleng-Esch ass, ass evident. Ech mengen,

do verkéieren déi meescht Zich, siefen dat Persounenzich, siefen dat Wuertentransportzich. Dofir ass et och interessant a wichteg, datt prioritär do investéiert gëtt.

Ech denke virun allem och zum Beispill u Schëffleng, ech denken un Esch oder och Beetebuerg, do, wou jo awer d'Zich praktesch duerch d'Uertschaft fueren. De Moment ass jo en Écran antibruit amgaange realiséiert ze ginn zu Näerzeng. An do schéngt jo awer och scho relativ positiv Aspekter erkennbar ze sinn, datt eben elo do deen Écran antibruit gebaut gëtt.

Ech wëll net zousätzlech nach op déi aner Punkten agoen, déi jo och am Fonds du rail opgeléicht sinn. Ech mengen, dat sinn awer wichteg, wesentlech Aarbechten, déi och an deenen nächste Jore virgesi sinn.

Wéi gesot, ënnert dem Stréch kann ech den Accord vun der Demokratescher Partei bréngen fir all déi Projeten, déi elo hei opgeléicht sinn. Et si wichteg Projeten, et si Projeten, déi d'Zukunft vun deem Land u sech wäerten och positiv beaflossen. Dofir ass et evident, datt mir och iwwert de Wee vun där Motioun natierlech hannert deenen Iddien, déi d'Regierung wëllt an deenen nächste Jore realiséieren, stinn.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Graas. Nächste Riedner ass den Här Henri Kox.

► **M. Henri Kox (déi gréng).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt wëll ech der Rapportrice, dem Josée Lorsché, Merci soe fir souwuel de schrëftleche wéi de mëndleche Rapport. Si huet jo an hirem Rapport drop higewisen, dass dat hei eng Prozedur ass, déi jo och scho vun deene viregte Regierungen an d'Wee geleet ginn ass, an dass et a sech och wichteg ass, hei eng Kéier iwwert déi gréisser Projeten ze schwätzen.

Dräi Kategorië sinn hei opgewise ginn. Et sinn engersäits déi administrativ Gebaier, d'Sanéierung wéi den Neibau, an et ass eng Kéier de Fonds des routes an et ass de Fonds du rail.

(**Mme Simone Beissel prend la présidence.**)

D'Rapportrice, awer och meng Virriedner hunn a sech d'Projeten all scho belicht an hire Facetten, dofir wëll ech éischer méi op dräi prinzipiell Froen agoen, oder Iwwerleeungen:

Bon, dat ass éischters d'Sanéierung natierlech, d'Energieeffizienz. Do kommen ech jo net derlaanscht, e puer Wieder ze soen.

Dat Zweet ass, en héijen Investitiounsvolume bäibehalen. Ech mengen, et ass virdrun och scho vun engem Virriedner gesot ginn, dass et an där Zäit vu Kris wichteg ass, den Investitiounsvolumen héich ze halen, fir eben Aarbechtsplazen hei am Land ze schafen a bäizebehalen. An drëttens, dat ass a sech dat, wat ëmmer elo erwähnt ginn ass, bei deem drëtten Projet, beim Kaméidi, dat ass, wéi ee plangt: net déi „End-of-Pipe-Mentalitéit“ e bëssen... Wann een e Schallschutz muss maachen, heescht dat jo, dass Kaméidi entsteet. An da soll ee sech bei Projeten a sech och ëmmer am Virfeld besser drop virbereeden. Ech kommen awer méi spéit dorop zrëck.

Dat Éischt, wou ech mech e bësse wéilt dann driwwer ausloossen, sinn déi Energiesanéierungsmoossname vun eisen ëffentleche Gebaier. Hei an där Motioun sinn der elo véier ernimmt. Dat ass d'Kasär zu Dikrech, dat ass d'Schlass zu Suessem, dat ass den Hémicycle um Kierchbiert an et ass de wuel néidegen Assainissement vun der Weilerbaach, wou mer all scho laang drop waarden.

Wien Energiesanéierung seet, seet natierlech Energieeffizienz. A wann een Energieeffizienz seet, seet een a sech: manner Energie. Manner Energie, déi mer haaptsächlech importéiere müssen. A wa mer manner Energie müssen importéieren, déi hei verbraucht gëtt, hu mer natierlech och manner CO₂. Also hu mer do eng Win-win-Situatioun, wa mer engersäits Sue manner ausginn, respektiv och CO₂ ausginn (veuillez lire: CO₂ manner ausstoussen). Dat ass klasesch. An der Energiewirtschaft seet een: Wat een net verbraucht, brauch een net hiezestellen. Dat ass dee sougenannten „Negawatt-Prinzip“. Dat heescht, dat ass ganz wichteg.

De Moien hu mer nach an der Ëmweltkommission driwwer debattéiert, iwwert déi gréisser Eerausforderungen, déi virun der Dier stinn. Dat ass engersäits déi Kyoto-Ratifizierung, déi elo de Moien nach gesot ginn ass a wou d'nächst Woch de Rapport ugeholl gëtt. Da wäerte mer deen och an der nächster Chambersessioun unhuelen, wou et a sech drëms geet, méi effizient mat der Energie ëmzegoen an déi Eerausforderungen, déi op eis duerkommen, och richteg unzegoen.

Well déi Eerausforderunge fir Lëtzebuerg sinn enorm! Net nëmmen, dass mer e ganz héijen Energieverbrauch hunn, mä mir wäerten am Fokus stoen: Dir wësst alleguerten, d'nächst Joer steet de Kyoto-Vertrag nach eng Kéier an der Diskussioun an d'nächst Joer huet Lëtzebuerg d'Présidence. An an der zweeter Halschent vum Joer wäert d'Ëmweltministesch zu Paräis mussen do an de Match goen, fir den zukünftigen Energieverbrauch besser an de Grëff ze kréien.

Dofir ass et ëmsou méi wichteg, dass mer heeheim eis Hausaufgabe maachen. Hausaufgaben, déi mer natierlech éischer bei den ëffentleche Gebaier musse maachen, well mir müssen de Wee virweisen. Mir musse weisen, dass et méiglech ass, well soss kréie mer eis Bierger a Biergerinnen net mat an d'Boot.

Dofir ass et och ganz wichteg, dass dës Regierung e Forcing an deem Beräich mécht an insbesondere vill Gebaier elo wëllt ugoen, an net nëmmen „egal wéi“ déi Gebaier wëllt ugoen. An ech wëll do op e ganz interessante Rapport hiweisen, deen de 17. - ech hat den Datum opgeschriwwen: 17. September, mengen ech -, an der Chamberskommission presentéiert gouf, wou eben d'Stratégie d'assainissement énergétique du patrimoine de l'État virgestallt gouf: wéi de Prinzip ass, wéi mer eis uleeën. An ech mengen, dat ass e ganz wichtege an och richteg Projet!

Mä d'Regierung ass net eleng do gefuerdert, mä och d'Gemengen. Ech mengen, vill Gemenge sinn amgaangen, hire Pacte climat ze maachen. An do kann een och emol eng Kéier eng Lanz fir déi viregt Regierung brieche: Effektiv, de Pacte climat, wann ee gesäit, wat an de Gemengen do alles vir sech geet, dat ass ganz positiv. An deem Beräich ass eng ganz gutt Zesummenaarbecht ze gesinn an et gëtt Vorzeige-Projeten, déi een do ka weisen.

Virdrun huet den Här Engel, mengen ech, driwwer geschwat, dass et och drëms geet, net egal wéi ze sanéieren. Dat ass och e ganz wichtege Kritär. An net méi spéit wéi de Moien - och an där Kommission, an dofir kënnt dat gutt -, huet de Wolzer Burgermeeschter gesot, dass zu Wolz elo e Projet realiséiert gëtt mat enger Rei - aacht oder zéng - Haiser, wou gekuckt gëtt, e Maximum u recycléierbarem Material kënnen anzesetzen, esou dass no där Realisierung praktesch déi Materialien erëm kënnen verwäert ginn.

Dat heescht, et ass fir eis net nëmme wichteg, d'Sanéierung ze maachen, awer och, wéi mer d'Sanéierung maachen. An dat ass e ganz flotte Projet an ech freeë mech, dee Projet selwer eng Kéier kucken ze goen an och vläicht Nachahmer dozou ze kréien.

En zweete Volet, deen ech wollt uschwätzen - och do ass deen een oder deen anere Virriedner schonn drop zrëckkomm -, dat ass, fir den héijen Investitiounsvolumen bäizebehalen. An hei wollt ech dee Volet eraushuelen, deen och hei am Projet dran ass, dat ass alles, wat em Ettelbréck, Dikrech, wat an der Nordstad alles do passéiert. Et ass net nääscht, wat do investéiert gëtt! Vläch kann den Här Bausch duerno nach eng Kéier drop zrëckkommen, well virdrun och den Här Kaes mat anere Projekte schonn drop zrëckkomm ass.

Et ass éischters dee multimodale Projet, oder déi Strooss, oder net déi Strooss, mä dee Bewegungsraum, Mobilitéitsraum tëschent Ettelbréck an Dikrech, wou net nëmmen op eng Mobilitéit gesat gëtt, mä méiglechst gekuckt gëtt, vill Mobilitéitsformen unzëbidden. An dat ass de Modell, wéi mer musse virgoen, fir nämlech ze weisen, wéi et geet. Well dat ass ee Schratt an déi richteg Richtung! Well do kënnt och nach - ech mengen, an zwou Woche wäerte mer hei nach iwwer e weidere Projet ofstëmmen -, nämlech hannert där multimodaler Strooss oder deem Raum kënnt eng multimodal Gare, an déi wäert zu Ettelbréck kommen, déi schliesslech e Volumen huet vun 160 Milliounen. Dat heescht, et ass net nääscht, wat do investéiert gëtt.

Et ass virdrun och scho gesot ginn, effektiv plangt dës Regierung an deenen nächste Joren all Joer en Investitiounsvolumen vu plus 10%, wat eben net nääscht ass. A monetär gesinn sinn dat 2,5 Milliarden iwwer fënnëf Joer. An eleng an dem schinnegebonnene Verkéier wäerten dat ongeféier 1,4 Milliarde sinn.

A Krisenzäiten, wéi gesot, ganz wichteg fir d'Erhaltung vun den Aarbechtsplazen. A wa mer déi Investitiounen jo hei am Land ausüben, ass et sécher, dass domadder d'Handwierk, an net nëmmen d'Handwierk, awer och virun allem d'Bauwiesen dovunner ka profitéieren. Manner Aarbechtslosigkeit heescht nämlech och man-



ner Chômageindemnitéiten, an dat kann nème gutt si fir eis Statskeess. An derbäi, wat ganz wichtig ass, gi mer heimadder, mat deene Projeten, déi hei beschriwwé sinn, an eng ganz zukünfteg performant Infrastruktur-iwwerleung an -entwécklung, déi fir e Land wéi Lëtzebuerg nème ka wichtig sinn.

E leschte Punkt wollt ech dann huelen, dat ass déi sougenannte Planung. Wa mer hei an deem Projet op der Zuchstreck zwësche Lëtzebuerg, Beetebuerg an Esch elo investéieren an de Schallschutz, wat ganz wichtig ass, wat mir als Gréng ganz kloer ënnerstëtzen, wëlle mir awer als Gréng och drop hiweisen - an ech mengen, déi jëtzeg Regierung geet an déi Richtung - , nämlech op d'Plangen, richtig plangen!

Dat heescht, am Virfeld schonn och de Kaméidi ze vermeiden! Am Virfeld vläicht de Waasserschutz optimal mat ze integréieren am Projet, am Virfeld den Naturschutz optimal mat ze integréieren! Well jee nodeem, wéi een d'Zuchstreck, d'Autobunnstreck plangt an ausféiert, huet ee schonn eng Reduzéierung vum Kaméidi an herno brauch een dann net déi „End-of-Pipe-Mentalitéit“, fir entspriechend da Schallschutzwänn ze maachen. Dat geet awer net iwwerall. An insbesondere bei Zuchstrecken ass et net ëmmer evident, fir de Kaméidi anzédammen. Dofir ass et och ganz wichtig an eisen Aen, dass déi Liewensqualität do op deene Strecke kann erhéicht ginn. An dofir ass et ganz wichtig, dass do an deem Ausbau och de Schallschutz mat integréiert gëtt.

Do ginn nach weider Projekte geplangt. Et ass virdrun... Vun der CSV kéint elo d'A3 hei op den Dësch. Ech denken, dass do och eng Rei vu Moosname virgesi sinn. Awer wat virdrun och scho vun der Rapportrice gesot ginn ass, de Multimodal-Projet, Beetebuerg selwer wäert eng ganz Rei Verkéier géréieren, wäert och Sécherheetserausforderungen hunn an awer och Kaméidiseräuforderungen. An ech denken, dass dës Regierung ganz genau do wäert virgoen, fir éischters e Sécherheitsaspekt do materanzekréien, awer och bei der Vermeidung vum Kaméidi do virzegoen. Vläch kann och do de Minister dann dat méi speziell nach eng Kéier dévloppéieren.

An dann zum Schluss, vläch just e perséinleche Projet, deen och hei ugeschwat gouf, dat ass de Lycée vu Bouneweg. Ech weess, ech hu laang an engem Lycée geschafft, do hu mer laang - den Arts et Métiers zum Beispill -, do hu mer iwwer zéng Joer oder zwielef Joer dor gedoktert, fir en Neibau ze kréien. Déi Kollege Proffe vu Bouneweg sinn och scho laang amgaang, dorunner ze dokteren. Ech wënschen hinnen elo bei dësem Projet, éischters, e flott Mäschaffen - ech denken, dat ass och virgesinn -, an dass se wierklech déi Schoul weider kënnen entwéckelen! Well do si ganz wichtig Beruffer, déi ausgebilt ginn, déi ee brauch dobaussen an eiser Gesellschaft. An dofir wënschen ech hinne vun hei aus scho ganz vill Erfolleg bei der Realisatioun!

Dat wär et, do wollt ech dann näischt méi derzoufügen. An ech ginn och vun der grénger Fraktioun den „go“ fir dës Motioun, fir un deenen héijen Investitiounen weider kënnen ze schaffen.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.*- Merci, Här Kox, fir déi flott Interventioun. Als nächste Riedner ass ageschriwwen de Fernand Kartheiser fir den ADR. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Villmools Merci, Madame Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och ufänke mat engem häerzleche Merci un d'Madame Lorsché fir hire ganz guddé schrëftlechen a mündleche Rapport. A well dat hei en Dossier ass, wou mer u sech all, och heibannen, eis eens sinn, dass dat ganz wichtig Investissementer sinn an eis Zukunft, an e guddé Fonctionnement vun eisen Infrastrukturen, wëll ech mech hei just op e puer Punkte konzentréieren, fir net erëm alles ze widerhuelen, wat scho richtig a ganz kompetent vu ville Virriedner gesot gouf.

Dat Éischt, wat ech natierlech wëll soen, sinn e puer Wuert iwwert den Härebiere. Den Härebiere, do huet den Här Graas gesot, et wär wichtig, dass mer wëssen, wéi d'Arméi an Zukunft soll ausgesinn, fir ze wëssen, wat mer investéieren. Dat ass wuel wouer, mä et ass awer och eng Saach vun engem elementare Respekt virun eisem Militär, virun eisen Zaldoten, déi sech fräiwëlleg mellen, fir dorobber ze goen, dass mer anstänneg Infrastrukturen douewen

hunn um Bierg, dass dat propper ass, dass et funktionell ass. An dat ass et am Abléck ganz einfach net!

Mä wa mer déi Infrastruktur dann do renovéieren - an et ass richtig, fir dat ze maachen -, da muss mer awer kucken, dass dat och wierklech - an et ass jo och am Kader vum Effort de défense, eng vun deenen neie Prioritéite fir d'Regierung, dass mer eisen Effort de défense progressiv op 0,6% vum PIB eropschrauwen -, da muss een awer och kucken, dass een déi Suen, déi een do ausgëtt, och esou ausgëtt, dass d'Regierung recht behält, wa se seet: „Dat ass fir eis esou e Konjunkturprogramm fir den Norden.“ Da muss et dat och sinn!

Da muss mer kucken, wéi mer dann déi Aarbechten, déi douewe muss gemaach ginn, ausschreiwen, fir dass och d'Retombée wa méiglech hei am Land sinn. Dat ass jo och e bëssen d'Iddi vun der Regierung, déi mir och dann ënnerstëtzen, dass och Lëtzeburger Handwierksbetreiber esou vill wéi méiglech kënnen vun deene Projeten do am Militärbudget profitéieren.

Eng zweet Saach, déi ee muss kucken, wann den Härebiere renovéiert gëtt, dass ass, dass säi Fonctionnement net a Fro gestallt gëtt déi Zäit, wou déi Aarbechte gemaach ginn. Et kann een net eng Sportshal ofrappen, ier déi nei steet!

An et muss een och oppassen - et ass jo scho richtig, wann dat geet, fir déi Infrastrukturen um Härebiere och Veräiner zur Verfügung ze stellen, Schoulen zur Verfügung ze stellen, dass ass kee falsche Gedanken -, mä et muss ee kucken, dass d'Finalitéit, d'Fonctionnalitéit vun der Kasär erhalte bleift, dass d'Sécherheet vum Accès vun der Kasär net a Fro gestallt ass!

Well dat ass jo awer eng ganz wichtig Considération. Et ass jo net, dass eng Kasär grad esou ass, wéi iergendeen anere Lieu public: Et leie Waffen do an esou weider an esou virun. Also do si schonn eng Rei Considérationen, déi ee muss hunn, wéi een dat ka maachen.

An dat muss een och kucken am Kader vun der Gesamtorientéierung, der Reorientéierung vun der Arméi. An do hu mer och a leschter Zäit eng ganz Rei vu verschidde Propositionen gehéiert. Et ass zum Beispill gesot ginn, dass den État-major an der Stad - an dat ass eng Iddi, déi nach viru Kuerzem am Émlaf war - sollt eropplënnen op de Bierg, fir do d'Strukturen zesummenzeleeën.

Et gëtt awer och eng aner Iddi, déi elo a leschter Zäit vun der Regierung zirkuléiere gelooss ginn ass, dass ass, dass den État-major vun der Arméi sollt do eraplännen, wou verschidde Services vum Ausseministère waren, dee sengersäits da géif an den ale Justizpalais goen, an do wär da genuch Plaz fräi.

Mä et muss ee wësse wou. Kann den Här Minister eis vläch da soen, wou deen État-major de l'armée elo wierklech hikéint?

An dann hânt natierlech och den Émbauprogramm vun der Kasär dovunner of, well ee schlecht den État-major do kann eraushuelen, wou en elo ass, och, wann ee Loyer spuert, wann um Härebiere - sollt en dann dohi kommen - déi néideg Infrastrukturen net fäerdeg sinn.

Richtig ass och, wat schonn den Aly Kaes am Numm vun der CSV gesot huet, dass mer endlech un d'Renovatioun vum Blesdall mussen denken. Dat ass och eng Kontributioun zum Effort de défense. An och de Munitionsdépôt ass eng wichtig Fro. Et ass sécher gutt, wann de Munitionsdépôt no bei enger Kasär ass, natierlech ënner alle Konditiounen vu Sécherheet an esou weider, mä et muss een awer kucken, dass dat och funktional duerchduecht ass.

Da muss een och vläch ganz kuerz e puer Wuert iwwer aner Projekte soen. Den Hémicycle um Kierchbiere, dat ass och ee vun deene ganz wichtige Projeten. Et ass hei geschwat gi vum Assainissement énergétique vum Kierchbiere, also vun deem „Kleng Kueb“. Dat ass een Aspekt. Mä, wat mer eigentlech brauchen, a mir gesi jo, wat...

Ech waarden eng Sekonn, bis... Merci.

Mir gesinn um Kierchbiere beim „Kleng Kueb“, dass eigentlech den Assainissement énergétique net den Hauptproblem ass vun deem Gebai. Den Hauptproblem vun deem Gebai ass, dass et net funktional ass, fir Konferenzen ze organiséieren. Mir hunn deen ale Plenarysall do fir 600 Leit. Fir d'Europaparlament kéint deen och schonn eleng aus der numerescher (veuillez lire: aus der numerescher Sicht net a Fro), vun alle politesche Considérationen ofgesinn, mä eleng mat deene 600 Sëtzer ka keng Sessioun méi do gehale gi fir e Parlament, wat ewell 751 Memberen huet. Dat ass einfach net méi dran.

Fir Konferenzen ass et onpraktesch. Ech mengen, wann een déi Fotoe gesäit a selwer

deelhëlt, weess een, wéi onpraktesch d'Infrastrukture sinn. Mä et ass natierlech eng ganz flott Plaz. Et ass eng, déi kéint valoriséiert ginn. Si ass no bei deem neie Konferenzzentrum vum Ministerrot. An et sollt een dach net nëmme den Assainissement énergétique vun deem Gebai virhuelen, mä einfach emol e Konzept ausschaffe fir deen „Kleng Kueb“.

Mir hunn eng Rei vun internationalen Institutionen do dran, wéi de Geriichtshaff vun der EFTA, mä déi Aarbechtskonditiounen, ënnert deenen déi Leit do schaffen, sinn net optimal. An amplaz vläch ze pléischteren, sollt mer eis awer iwwerleeën, et ass eng Ureegung vun eiser Säit, fir deem Hémicycle emol e modernt, zäitgeméisst Konzept ze ginn, fir en och besser vermaarten ze kënnen als Kongresszentrum fir grouss Konferenzen, mä awer och, fir eise Siège vun den Institutionen besser ze valoriséieren, wéi dat am Abléck de Fall ass.

Da vläch och e Wuert iwwer Käerjeng. Do ass d'Altersheim, a wat interessant ass natierlech - an dat brauch ech net hei ze widerhuelen, mir sinn all fir dee Projet an och, fir Nidderkuer eng nei an nach eng aner Destinatioun ze ginn, wann dat da fäerdeg ass, wat zu Käerjeng geplangt ass, do ass net eise Problem! -, mä déi Tatsaach, dass de Plan sectoriel do schonn erëm muss amendéiert ginn! Datt do muss eng Ännerung gemaach ginn, weist eigentlech erëm d'Schwächt vun deem ganze Konzept, wat do hannendrusteet.

Eng Planwirtschaft, wéi dee Plan sectoriel se wëllt installéieren, kann einfach net fonctionnéieren! A mir hunn et an der Vergaangenheet ëmmer erëm gesinn, dass dee Wee, fir alles wëllen ze plangen, ze duerchdenken, vu sech aus schonn net ka fonctionnéieren. A virun allem ëmmer erëm déi Bemierkung vun eiser Säit, an ech mengen, verschidde Koalitionsparteie missten eis do recht ginn: Ier een higeet a Plan-sectoriellen iwwerhaapt opstellt, muss ee wëssen, wat mir als ekonomesch an iwwerhaapt gesellschaftlech Zukunft fir dëst Land gär hätten.

Dofir, déi Planwirtschaft vum Plan sectoriel an déi Ereegnisse, déi mer elo an deene leschten Deeg do haten, dat ass einfach e falsche Wee! A mir mussen eis iwwerleeën, wéi mer kënnen gutt plangen, a virun allem eis iwwerleeën, wou dëst Land soll higoen, ier mer dann ufänken, iwwert d'Opdeelung do nozedenken.

Vläch nach een oder zwee Wuert iwwert d'Suessemer Schloss.

Ah, wann ech bei Käerjeng sinn, Här Minister, da wëll ech awer net vergiessen, fir ze soen, dass de Contournement vu Käerjeng fir eis awer duerchaus eng Prioritéit ass. An all déi Leit - ech weess, Dir gesitt dat vläch anescht -, mä all déi Leit, déi do an där Gemeng wunnen, déi wëssen awer, dass do enorm Verkéiersproblemer bestinn an dass et wierklech un der Zäit wär, fir fir déi ganz Géigend Dippech, Käerjeng do e Verkéierskonzept ze entwéckelen, wat awer dee Problem léist.

Dann,...

(**Interruption**)

Ech wollt nach... Gelift, Georges?

(**Interruption**)

Pardon, den Här Engel.

(**Hilarité**)

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.*- Här Kartheiser, Dir hutt eleng d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo, Madame President. Mä den Här Engel wor elo esou begeschtert, dass ech em d'Méiglechkeet wollt ginn, vläch och e Bäitrag ze leeschten. Mä gutt!

Dann, jo, iwwert d'Suessemer Schloss: Do hat ech virdrun och nach eng Kéier mam Här Engel geschwat, well am Suessemer Schloss, bei deem mer jo och all d'accord sinn, dass dat muss frëschgemaach ginn, dass dat derwäert ass, do wor am Park en Haus an engem aarm-séilegen Zoustand, wou mer laang Zäit Demandeurs d'asile ënnerbruecht hunn. An déi sinn elo net méi do. Mä et ass awer am Zesummenhang och mat der Diskussioun, déi mer elo haut iwwert d'Weilerbaach féieren - wou mer jo och soen, dass dat muss renovéiert ginn: Aus humanitäre Grënn, ënner anerem, solle mer och kucken - allgemeng d'Regierung, dozou invitéiere mer lech och, fir dat ze maachen -, ënner wéi enge Konditiounen déi Leit iwwerall ënnerbruecht sinn - et geet jo net, ze soen, dass se verdeelt solle ginn - an ob dat funktional och ëmmer déi bescht Méiglechkeet ass.

Mir schwätzen hei bei der Weilerbaach zum Beispill vun der Sclarisatioun vun de Kanner. Mä ass et net heiansdo besser, et faasst ee méi Demandeurs d'asile zesummen, déi Kanner an engem schoufflichtegen Alter hunn, fir se besser ze sclariséieren, amplaz se ze verdeelen, d'Problemer vun der Sclarisatioun op vill Ge-

mengen ze verdeelen, wou keng oder net vill vun deene richtig eens gi mat deenen Défien an deene Sondersituatiounen, an deenen déi Kanner sech befannen?

Ass et net besser, eng Renovatioun vun der Weilerbaach zum Beispill och ze notzen, fir am Interessi vun de Kanner vläch méi eng global Approche an der Ënnerbréngung vun deene Leit da mat an d'A ze faassen?

Wann een esou Projekte mécht, a mir sinn, wéi gesot, eis all eens, dass mer se solle maachen, mä dann ass et och ëmmer d'Geleeeenheet, fir vläch hannendrun ze froen: Maache mer dat Richteg? Si mer um richtige Wee oder kënnen mer net och funktional global eng aner Approche a verschidde vun eise Politicken erabrénge, fir besser ze sinn? Den Här Kox hat dat am Energieberäich ënnerstrach an an anere Beräicher, mam Kaméidi an esou weider. Och eleng, wat d'Konzeptioun vun deene Projeten ugeet, kann ee sech wierklech ëmmer erëm Froe stellen.

Voilà, ech hu versprach, dass ech net allze laang sinn, well, wat zielt ass jo, dass mer eis all eens sinn, dass déi Projekte wichtig sinn, an dofir ginn ech och gär den Accord vun der ADR, awer mat e puer Bemierkungen, fir och méi nozedenken, wa mer esou Projeten an d'Weeër leeden.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.*- Merci, Här Kartheiser, och fir Ar konstruktiv Approche. Elo ass als nächste Riedner ageschriwwen den Här Marc Lies.

► **M. Marc Lies** (CSV).- Madame Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, virop wëll ech och gär der Rapportrice, dem Josée Lorsché, villmools Merci soe fir déi gutt Aarbecht bei der Presentatioun vun dësem Débat. Ech wëllt awer gär bei dëser Panoplie vu Projekte spezifesch op ee Projet agoen an dat ass dann dee Moment de Lycée technique vu Bouneweg.

1984 gouf de Projet de loi 2787 gestëmmt, fir op engem Terrain vun 2,4 ha de Lycée technique de Bonnevoie ze bauen. 1989 wor d'Aweigung. Fir der steigender Demande un Aschreiwunge gerecht ze ginn, gouf am Joer 1994 deen éischte provisoiresche Pavillon mat sechs Klassen um Schoulhaff opgericht. Leider muss d'Majoritéit vun de Schüler zurzäit a provisoiresche Strukturen enseignéiert ginn.

Drei Joer drop, also am Joer 1997, goufe weider véier Klassenäll bäigesat. Vun 2001 bis haut goufen a fënnf weidere Bauphasen insgesamt 42 Klassenäll a sechs Ateliere a provisoiresche Pavillonen um selwechte Site ënnerbruecht: 2001 14 Säll a véier Ateliere; 2003 véier Säll; 2007 zwielef Säll; 2012 zwee Ateliere, an 2014, also dëst Joer, nach eng Kéier zwielef Säll, déi am Ganzen opgericht goufen.

Wann den LTB am Ufank 980 Schüler hat, esou sinn dat der haut 2.047, déi am LTB ageschriwwé sinn. Domat ass den LTB ënner anerem och dat drëttréisst Gebai hei am ganze Land.

(**M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.**)

Doduerch gi leider schonn zanter Jore vill méi Studenten an de provisoiresche Strukturen ënnerriicht wéi am Gebai selwer, dat viru 25 Joer a Betrib geholl gouf.

Am Secteur vun der Gastronomie stéisst de Lycée scho laang u seng maximal Capacitéiten a kann trotz duebeler Beleeung vun den Ateliere leider der aktueller Demande an dësem fir d'ganz Land dach wichtige Secteur net nokommen.

Et feelt un dréngend noutwendegen Infrastrukturen an de Beräicher Accueil, Schoulrestauration, Bibliothék, parascolaire Aktivitéiten a Sport.

Hei läit och de grouse Problem, mat deem de Lycée all Dag ze kämpfen huet, nämlech, dass déi fir en optimale Schoulbetrib dréngend noutwendeg Infrastrukturen an de Beräicher, déi ech elo just opgezielt hunn, guer net méi matgewuess sinn. Esou muss den LTB all Joers 80.000 Euro ausginn, fir seng Schüler an extern Sportsinfrastrukturen ze transportéieren, fir esou iwwerhaapt den Obligationen vun de Programmer am Beräich Education physique et sportive gerecht ze ginn. Och d'Sportsinfrastrukturen um Holleschbiere vun der Gemeng Hesper gi vum LTB genotzt.

Wéi am Joer 2000 en Audit iwwert d'Sécurité alimentaire am Lycée gemaach gouf, ass festgestallt ginn, dass d'Ateliere am Beräich Alimentation, Metzlerie, Bäckerie a Kichen de Gesondheetsnormen net méi gerecht sinn. De Prinzip vun der „marche en avant“ vun de Wuere ka mat de bestehenden Infrastrukturen net respektéiert ginn. En Émbau ass awer bal onméiglech.



Dobäi muss ee wëssen, dass d'Ausbildung vum Metzler, Bäcker, Pâtissieren a Glaciere fir onst ganz Land exklusiv am LTB stattfannen. Et muss een och wëssen, dass d'Schülerzuel an den Ausbildung vum de Käch, Traiteurs a Serveure gläich grouss ass wéi bei den Ausbildungen an der Hotelsschoul zu Dikrech. Den LTB huet am Géigesaz zu der Dikrecher Hotelsschoul, an där all d'Formationen am Régime plein temps ugebuede ginn, am Beräich Alimentatioun a Gastronomie eng ganz wichteg Roll duerch déi dual Ausbildung an deem ganz bedeitende Secteur ze spillen.

An der Chambersséance vum 11. November 2009 gouf en Ausbau vum LTB gestëmmt. Well de Stat awer nach net am Besëtz vun den néidegen Terraine wor, konnt den deemolege Projet net ëmgësat ginn. Zanterhier waarden d'Schüler an d'Léierpersonal op nei an definitiv Infrastrukturen.

Mat deem Débat vun haut soll awer elo alles an d'Weeër geleet ginn, fir dass schnellstméiglech, well hei e reelle Besoin besteet, mat der Planifikatioun a mam Bau vun engem neie Lycée an engem CNFPC zu Bouneweg ugefaange ka ginn.

2012 konnt mëttlerweil den Akt fir deen néidegen Terrain ënnerschrifwe ginn. Ausserdeem gouf am Mäerz 2013 op Initiativ vum der deemoleger Ministesch Mady Delvaux-Stehres am Conseil de Gouvernement décidéiert, fir dat aktuellst Hauptgebai vum Lycée technique Bouneweg als CNFPC ze notzen, een CNFPC, deen dréngend gebraucht gëtt, ganz besonnesch duerch déi rezente Aféierung vun der Garantie jeunes, an dee bis elo am Zentrum vum Land gefeelt huet.

Dowéinst gesäit dës Projet e ganz neit Gebai fir de Lycée zu Bouneweg op engem Areal vun engem 3,8 ha groussen Terrain vir. Sënnvoll Synergie mat dem CNFPC bei verschiddenen Ate-lieren, bei der Restauratioun vun de Studenten a beim Parking gi selbstverständlech hei mat ugestriift.

Den LTB ass des Weideren en innovativ Lycée. Trotz de minimalen Infrastrukturen, déi zur Verfügung stinn, huet den LTB et ëmmer fäerdegbruecht, innovativ Weeër ze goen, besonnesch am Cycle inférieure. Hei ass zum Beispill de pädagogesche Projet PROCI - Projet cycle inférieure - als Projet pilote mat entwéckelt ginn, dee mëttlerweil landeswäit uerkannt ass. Och den Nofolgeprojet TIM, Tutorat und integriertes Methodenlernen, gouf am LTB entwéckelt.

Am Cycle moyen an am Cycle supérieur vum Régime technique goufen nei Formationen ausgeschafft. Esou ass och am LTB d'Ausbildung vum Gestionnaire en logistique op d'Bee gesat ginn. De Beräich Logistik ass jo e Beräich, an deem ganz vill Potenzial fir eist Land stécht an deen d'Regierung gewëllt ass ze ënnerstëtzen a weider auszebauen. En enger Formation um Niveau vum Techniker an der Logistik gëtt och zu Bouneweg geschafft. Dës Formation soll den nächste September starten. Am Régime technique sinn zënter deem Joer op der Douzième dräi Klassen am Beräich Sciences sociales mat vill Erfolleg ugelaft.

D'Architektur vum neie Lycée zu Bouneweg soll souwuel deem innovativ pädagogesche Konzept Rechnung droen a gläichzäitig och dem Konzept vun enger Ganzdagsschoul fir de Cycle inférieure gerecht ginn.

Den neie Lycée zu Bouneweg, deen eng wichteg Stellung, jo souguer eng Schlësselstellung fir verschidden Ausbildungen an onsem Land huet, soll e Lieu d'apprentissage a gläichzäitig och e Lieu de vie ginn, an deem déi Jugendlech an optimalen humane Konditiounen getrei no hirer Devise „Learn to be“ fit fir d'Liewe gemaach ginn. Selbstverständlech ass et och kloer, dass ausserhalb vun der Schoulzäit all Infrastrukture vum Bouneweger Lycée vun den Äwunner a vun de Sportsveräiner aus der noer Ëmgegend kënne genotzt ginn.

An hei, Här Minister, wëllt ech och eng Lanz brieche fir d'Veräiner aus der Gemeng Hesper. A sollt iergendwann eng Kéier och nach eng Schwämm dohinner gebaut ginn, da wär dat och ganz interessant fir d'Schoulschwamme fir d'Gemeng Hesper, fir eventuell do och déi eng oder déi aner Plage fir hir Schüler oder Kanner aus der Gemeng kënne ze reservéieren.

Et muss ee ganz einfach festhalen, dass et wéinst de ville provisoresche Strukturen, wéinst de strengen HACCP-Normen, déi aktuell net kënnen erfëllt ginn, a wéinst den eminent feelenden Infrastrukturen an de Beräicher Accueil, Schoulrestauration, Bibliothék, parascolaire Aktivitéiten a Sport extrem wichteg ass, keng Zäit méi bei deem dréngend noutwendege Projet ze verléieren. Dat neit Gebai wäert déi néideg Infrastrukturen bereetstellen, op déi d'Schüler an d'Personal vu Bouneweg zanter Jore waarden an déi der ganzer Communauté scolaire och ouni Zweifel zoustinn.

Zum Schluss hätt ech nach eng Fro, Här Minister: Ënner wat fir enger Form soll dës Bau ëmgësat ginn? Soll et a Form vun engem PPP ëmgësat ginn, bien en sachant, dass domat eng gewësse Flexibilitéit kéint verluer goen?

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Lies. Domat si mer um Enn vun eiser Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet den Nohaltegekeetsminister, den Här François Bausch, deen och zoustänneg ass fir d'Infrastrukturen.

Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Merci, Här President, fir d'Wuert. Merci och de Kollegen alleguete fir hir Interventiounen de Mëtteg hei, a speziell natierlech der Madame Lorsché fir dee gudden schrëftlechen a mëndlechen Rapport. Ech wëll versichen, eng Rei Remarquen ze maachen an natierlech och op eng Rei Froen anzegoen, déi de Mëtteg hei gestallt gi sinn.

Vläicht fir d'Éischt eng allgemeng Remarque: Ech mengen, et ass vun e puer Leit de Mëtteg ënnerstrach ginn, datt d'Regierung décidéiert huet, den Investitionsvolume vum Stat ganz héich ze halen. Mir hunn effektiv Steigerungsraten an deenen nächste Joren am Total beim Direktinvestissement vun 10% ginn. Dat huet domat ze dinn, datt mer, éischstens, fannen, datt mer an deene Beräicher, wou mer grouss Infrastrukturdefiziter hunn -, dat ass ënner anerem an der Mobilitéit, dat ass awer och am Schoulberäich, d'Gebai vum de Schoulen zum Beispill, deelweis och Gebai, déi am Zusammenhang stinn, ze dinn hu mam Alter, dat heescht mat eelere Leit, haaptsächlech Géatrien an esou weider -, datt mer do wëlle gezielte investéieren.

An dat bedeit jo och, wa mer do investéieren, da mussen mer zwar Suen ausginn am Moment, mä mir kréie jo och eng Contre-valeur dozou. Mir kréien eng Contre-valeur a Form vun Infrastrukturen, Stroossen, Schinnen oder Gebai, wat och ëmmer. Dat heescht, dat sinn net Suen, déi mer einfach ewechginn, soudatt mer duerno näischt méi dervun hunn. Dat si Suen, fir déi mer, wéi gesot, herno och am Intérêt vun der Entwécklung vum Land eppes amplaz kréien.

Parallél dozou natierlech ass et, wa mer esou héich investéieren, kloer, datt mer déi Zäit, wou d'Konjunktur schlecht leeft zu Lëtzebuerg, derfir suergen, datt effektiv genuch Opdrag do sinn, datt doduerjer och de Bau an d'Handwierk genuch Aarbecht hunn, an datt mer effektiv, wéi den Här Kox et richteg gesot huet, iwwert dee Wee ganz vill maachen, fir de Statsbudget ze entlaaschten. Well wa mer do Leit an Aarbecht behalen, da ginn déi net an de Chômage. An ech wëll just drun erënneren, datt de Chômage ee vun de groussen Posten ass am Statsbudget, déi eis de Moment fortgelaf sinn an déi eis fortgelaf sinn an deene leschte Joren an och nach ëmmer fortlafen, wat eng grouss Belaaschtung ass fir de Statsbudget. Duerfir hale mer den Invest héich, wat ganz kloer ekonomesch sougutt wéi sozial wéi och finanziell fir de Budget nëmmen eng Gewënnsituatioun ka sinn.

Mir hunn duerfir hei dës Joer elo an dës Lescht eng ganz Rei Gebailechkeeten dran an eng ganz Rei Stroossebauprojeten dran. Am Schinnebau sinn et dës Kéier keng esou grouss Saachen. Do muss een awer allerdéngs soen: Do huet d'Chamber vill där grousser Projeten schonn dës Joer gestëmmt, a mir wäerte wärscheinlech..., oder ech hoffe mindestens, datt d'Chamber eis nach am Dezember dee leschte grousser Projet stëmmt, dee vum Multimodal zu Ettelbréck, da kënne mer do emol dorobber schaffen. An duerfir ginn do e bësse méi kleng Bréidercher hei gebak. Mä et sinn awer och alles ganz wichteg, déi och derzou bäidroen, datt natierlech de Schinneréseau herno och effektiv funktionnéiert.

Ech wëll op e puer Saachen agoen. Dat Éischt sinn emol eng, zwou allgemeng Bemierkungen, déi net direkt eppes heimat ze dinn hunn, déi awer gemaach gi sinn, haaptsächlech vum Här Kaes, dee gemengt huet, de Projet Gilsdref hei missen nach eng Kéier auszegruewen an ze soen, datt mer bei Gilsdref jo elo, well d'Regierung nach eng Kéier d'Sitë gekuckt huet, schrecklech vill Zäit verluer hätten, a gemaach huet, wéi wann de Projet domadder Verspéidung kritt hätt.

Ech wëll nach eng Kéier hei soen, datt, éischstens, dee Projet vum Bau hier net konnt ufänken, well e Moratoire nach ëmmer besteet - do kann een doriwwer frou sinn oder net, iwwert dee Moratoire, mä dee besteet awer nach ëmmer -, an datt, zweetens, dee Projet guer keng Zäit verluer huet, au contraire, mä datt duerch

de Fait, datt mer als Regierung déi Diskussiounen all gefouert hunn, déi Iwwerleeungen all gefouert hunn, déi och doriwwer erausginn, iwwert de Lycée vu Gilsdref, de Lycée, also d'Akerbauschoul, loosse mer esou soen, datt mer et doduerch fäerdegbruecht hunn, net nëmmen d'Situatioun ze deblockéieren, mä och eng allgemeng Strategie ze entwéckelen fir d'Lycéeën insgesamt an der Nordstad.

A virun allem awer zum Lycée zu Gilsdref wëll ech Iech just soen, datt - de Moratoire leeft jo am Februar aus - elo d'Chancen awer ganz gutt sinn duerch deen Accord, dee mer fonnt hunn, datt mer net weider blockéiert ginn an datt mer doduerjer de Projet éischter méi séier wäerte realiséieren wéi manner séier. Duerfir, hei ze behaupten, datt wär Zäitverloscht gewiescht, dat fannen ech eng komesch Approche.

An dat ass och ganz kloer falsch, well mir hunn et éischter fäerdegbruecht, duerch déi Diskussioun, déi mer gefouert hunn, ënner anerem och mat enger Gemeng, an zwar mat der Gemeng Dikrech, datt mer d'Situatioun esou deblockéiert kritt hunn, datt mer wäerte kënnen a Rou mat alle Genehmegunge vum Februar/Mäerz un dru schaffen duerch deen Accord, dee mer do fonnt hunn.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Da wollt ech just soen, den Internat, dee kënnt jo op Dikrech. An do si mer amgaangen ze kucken mat der Gemeng Dikrech, fir e géegent Gebai oder en Terrain ze fannen, wou mer dee kënnen dramaachen. Dat wäert selbstverständlech och relativ séier an zügel elo viruoen, wou mer wëllen dee Site sichen. Dat ass jo och en Deel vun deem Accord, dee mer gemaach hunn. An do lafen och Gespréicher vun de Bâtiments publics mat der betreffender Gemeng. Soubal mer wëssen, wou dat hikënn, wäerte mer selbstverständlech der Chamber dat och matdeelen. Mä dat soll och zügel weidergoen.

Zum Cliefer Lycée: Do ass et esou, datt d'Ausschreiwung amgaangen ass an datt am Fréijoer 2015 de Chantier wäert ugoen. Parallel dozou gëtt jo och nach d'Pénérante zu Clief gebaut. Dat ass e Projet, deen dozou gehéiert, dee parallel dozou mat realiséiert gëtt.

Zum Lycée des professions de santé, do wëll ech just soen, datt och dës Regierung do den Dossier deblockéiert huet, well do hate mer en zolitte Problem mam Terrain, well do war jo dee Sträit mam Parking, wéi Der Iech kënnt sécherlech erënneren. An ech hu virum Summer Gespréicher gehat. Ech war selwer dunn op Ettelbréck gefuer, fir mam Spidol zesumme mat de Gemengeresponsabelen ze diskutéieren a mir hunn do Léisunge fonnt, déi maachen, datt dee Parking do ka libéréiert ginn. An dat ass deen, wou notament de Lycée soll drop gebaut ginn. Donc hu mer et och fäerdegbruecht, do déi blockéiert Situatioun, déi virdu bestanen huet, ze deblockéieren. Also hu mer och keng Zäit verluer.

De Centre mosellan vun Éinen, do ass nach eng Fro vun enger Acquisitioun vun engem Terrain niewendrun, déi opsteet. Dat ass awer amgaange geléist ze ginn. An d'Etüden, déi sinn am Lafen.

Dann hat den Här Graas eng Fro gestallt am Zusammenhang mat Beetebuerg, mam Bâtiment voyageur, ob een do net kéint eppes Kulturelles dra maachen. Dat ass nach net definiert, mä dat ass awer eng Iddi, déi een, le moment venu, duerchweeß ka kucken a wou een och soll kucken, ob dat méiglech ass a wat een do ka maachen.

Den Här Kartheiser huet e puer Froen opgeworf, zu Recht, am Zusammenhang mat der Kasär, wou e seet, datt ee misst oppassen, datt natierlech, wann do gebaut gëtt, d'Kasär awer funktionsfäeg bleift. Dat wäert geschéien. Dat gëtt a Phase gebaut. An et gëtt esou organiséiert natierlech, datt déi Kasär ka permanent funktionéieren an och natierlech ënner Berücksichtigung vun de Sécherheetsstandarden, déi do mussen existéieren.

An ech kann Iech soen, den État-major, dee kënnt och dohinner. Am Raumprogramm um Härebierg si Bürosraim fir den État-major virgesinn. An zwar am Pavillon vum Commandement sinn déi virgesinn. Also, den État-major kënnt och herno op Dikrech.

Dann hat den Här Kartheiser sech nach Gedanke gemaach iwwert den Hémicycle, déi energetesch Sanéierung. Ech muss soen, déi Iwwerleeungen, déi en do mécht, déi sinn net falsch. An ech fannen och, mir sollen dat... Ech mengen, mir hu jo elo nach Zäit, mir si jo eréischt am Ufank vun der Planung. Ech fannen dat net falsch, fir sech ze iwwerleeen, ob een dee Sall do esou léisst, wéi en ass, ob een net vläicht méi doraus ka maachen.

Well effektiv, dee gëtt wéineg gelount, well e sech eigentlech net ganz gutt eegent, fir esou

Aktivitéiten ze maachen, wéi se am Fong dra virgesi waren, a scho guer net fir d'Europarlament. Effektiv ass en duerfir jo ze kleng. A souwéisoou siégéieren déi jo net méi zu Lëtzebuerg. Mä et ass e Sall, deen och, loosse mer soen, vu senger Konzeptioun hier e bësse ver-eelzt ass. Et soll ee sech wierklech déi Gedanken do mat maachen, wa mer schonn déi Sanéierung do maachen, ob een net vläicht do konzeptuell kann eng Rei Saachen änneren.

Dann zu Bascharage. Ech wëll Iech soen, Dir hutt hei d'Fro opgeworf vun de Plan-sectoriellen. Dir sot, datt wär Planwirtschaft, wou vun uewen erof soll diktéiert ginn. Et ass ebe grad dat, wat ech mengen, wat et net soll sinn oder wat et och net wäert sinn. Dës Regierung wäert derfir suergen, datt et net dat ass.

Déi Pläng hu mer jo ganz kloer an d'Prozedur ginn, fir datt eng Diskussioun soll entstoën, fir datt déi Fro, déi Der zu Recht opwerft: „Wou soll d'Land sech hinentwickelen?“, datt sech soll domadder ausanergesat ginn. An dat hunn d'Gemenge gemaach. An ech fannen, datt d'Resultater sech duerchweeß weise loos-sen. Et si ganz vill Gemengen, déi hu sech extrem vill beschäftegt mat hirer eegener Entwécklung, an och, wéi se sech wëllen an Zukunft entwéckelen.

Déi Suggestiounen, déi do komm sinn, déi hu mech extrem positiv iwwerrascht. Mir hu Gemengen, déi zum Beispill als prioritär definiert sollte ginn, déi och an der Vergaangenheet vill gewuesst sinn, wou och vill Feelentwécklung geschitt sinn, déi haut soen: „Mä mir wëllen déi iwwerhaapt net méi an Zukunft. Mir wëllen eng aner Entwécklung!“, an déi dat souguer mat Biergerbedeelegung gemaach hunn.

An ech fannen, dat si ganz flott Prozesser a mir wëllen déi ganz eescht huelen. Duerfir wëll ech Iech och soen, datt kee sech brauch suergen ze maachen, datt déi Plan-sectorielle sollen ëmgësat ginn an engem Geescht vun vun uewen erof diktéiert. Au contraire, do soll mam Terrain geschwat ginn. An herno kucke mer dann, wou d'Land sech soll entwéckelen respektiv wat mer do zréckbehalen.

D'Philosophie muss just kloer sinn. Ech mengen, do si mer ons jo awer hoffentlech al-leguer eens, datt et an deene leschten 30 Joer eng Rei Feelentwécklung gi sinn, wéi mer geplangt hunn, an datt mer déi an Zukunft mussen évitéieren an datt mer eis duerfir mussen d'Moyene ginn. Ech mengen, dat ass jo och néierens contestéiert, och net an den Avice vun de Gemengen.

Dann ass nach eng Fro gestallt ginn am Zusammenhang - dat ass elo net direkt hei an der Motioun dran - mat der A3, op sechs Spuren, respektiv, et ass jo eng Motioun déposiert gi vun der CSV. Ech wollt nach eng Kéier kuerz erklären, firwat datt d'Regierung der Meinung ass, datt een d'A3 vun Diddeleng bis op d'Helfenterbréck muss op sechs Spuren ausbauen.

Do gëtt et zwee ganz handfest Grënn. Dat eent ass e Grond vu Sécherheet op deem Réseau do. Dat ass dat Stroosseréseausäck am Land, wat am meeschte saturéiert ass. A mir hunn haut scho grouss Sécherheetsproblemer. Et gëtt ganz vill Échangeuren, grouss Échangeuren op där ganzer Streck, wou mer vill Sécherheetsproblemer hunn. Dat ass virun allem d'Gaasperecher Kräiz, vun der Helfenterbréck guer net ze schwätzen. Dat ass en Échangeur, deen ass guer net gebaut gi fir déi Chargen, déi haut do fueren. Duerfir ass et och evident, datt een do muss eppes maache fir d'Sécherheet.

An da kënnt awer deen zweete Punkt an dat ass e ganz neie Moment, ganz kloer. Dat ass de Multimodal zu Beetebuerg an d'Chargen, mat deene gerechent gëtt, déi dohinner solle fueren, an och op den Eurohub. Ech mengen, wa mer gären hätten, datt dee Multimodal soll funktionéieren, an do geet et jo précisement drëm, fir de Gidderverkéier op d'Schinn ze kréien, da mussen mer awer kucken, datt mer iwwert den Autobunnréseau op deem Tronçon d'Camionen dohinner kréien.

An et ass relativ kloer, wa mer dat wëlle maachen, da mussen mer net nëmmen... Duerfir gëtt et jo e ganze Projet vun Embau och vun enger Rei Échangeuren nach ronderëm Beetebuerg an Diddeleng, fir datt net duerch Beetebuerg an Diddeleng Camionsverkéier fiert. Mä och um Autobunnréseau selwer mussen mer onbedéngt kucken, datt mer dann dat dote Stéck wëllen ausbauen.

Wat dës Regierung net wäert maachen...

Här Wiseler, Dir streckt de Fanger eraus, Dir kënnt mer gären eng Fro stellen, just nach eng



Sekonn, ech wëllt dat awer nach fäerdeg ausféieren.

Wat mer awer net wëlle maachen, dat ass vun der Helfenterbréck bis Richtung belsch Grenz, well do de Besoin an deem Sënn net do ass. Dës Regierung ass der Meinung, datt et duergéet op deem dote Stéck, aus deene Grënn, déi ech elo genannt hunn.

An den Här Wiseler wëll ech elo net méi laang... Här President, Dir presidéiert zwar...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann Dir mir den Optrag gitt, fir dass ech dem Här Wiseler d'Wuert ginn,...

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Ech ginn lech den Optrag, fir datt den Här Wiseler mer kann eppes soen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- ...da maachen ech dat selbstverständlech. Dir hutt d'Wuert, Här Wiseler.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Ech soe Merci fir déi Gentillesse vun lech béid a wëll am Fong just soen, datt ech extrem frou sinn, datt dat do an dem Prioritéitsprogramm vun der Regierung steet, wëll awer dem Här Bausch soen, datt déi Argumenter, déi en elo bréngt, och absolut déi richteg Argumenter sinn - éischstens, e Sécherheetsproblem op där enger Säit, an zweetens, och dee Logistikzentrum, deem ausgebaut soll ginn zu Beetebuerg -, datt déi Argumenter par contre awer net nei sinn! Well och dat Argument, wou Der gesot hutt: „Et ass elo nei“, dat ass en Argument, wat scho säit fënnf, sechs Joer existéiert. Mir wëssen, datt Beetebuerg soll ausgebaut ginn. Och déi lescht Regierung huet do scho Gesetzesprojeten op de Wee bruecht, huet och scho Calculle gemaach, wat fir e Verkëier do bäikënn.

Ech hu just festgestallt, datt ech während der leschter Legislaturperiod all Kéiers vun deene Grénge respektiv och vun dem Här Berger an der DP-Fraktioun erkläert krut, datt dat absolut net soll gemaach ginn. Et ka mech also just freeën, datt Der elo enger anerer Meinung sidd, an dofir déi Freed hei zum Ausdruck bréngen.

Merci.

Dat war zwar keng Fro, Här President,...

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Här President, et war zwar elo keng Fro doranner, mä et war éischter eng Remarque.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- ...mä et war mer awer eng Freed, dat do kënnen ze soen!

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Jo, ech kann awer och nach eppes dozou soen. Et ass esou, datt et net richtig ass, datt déi Studien alleguer am Detail virlouchen. Déi definitiv Analyse sinn eréischt gemaach ginn an deene leschte Méint.

Well ech wëll lech just soen, Här Wiseler, datt ech net méi wéi, ben, eng Biergerversammlung zu Diddeleng hat, an ech hat net méi wéi véier Entrevuen am Ministère mat der „Biireng21“ - elo wollt ech scho soen „31“ -, „Biireng21“, dat heescht, déi Biergerinitiativ, déi bestanen huet an deem Eck, déi géint de Multimodal ass, déi natierlech als Haapthannergrond ëmmer d'Entwécklung vum Verkëier a vum Kaméidi op der Autobunn hat.

An ech wëll lech och soen, datt do eng ganz Rei zousätzlech Studie gemaach gi sinn, fir emol definitiv kënnen ze beleen, wéi de Verkëier sech entwéckelt a wéi de Kaméidi sech entwéckelt. An op Basis vun deenen ass definitiv d'Déisioun erauskomm, datt et absolut noutwendig war.

Ech wëll lech och soen, an de Koalitiounsverhandlungen hate mer déi Diskussioun ganz laang a breet, ob mer sollten dat Stéck do drasetzen. Mir hunn et dunn an dem Plan sectoriel dra gelooss, well mer ons och deemools nach net sécher waren. Mir hu gesot an de Koalitiounsverhandlungen: „Et ass contestéiert, et ass net kloer, mä mir waarde gär of, bis mer déi Detailstudien hunn. Duerfir setze mer se an de Plan sectoriel dran.“ Dat hu mer dunn och gemaach. A mir hunn awer dunn dat Stéck erausgeholl vun der Helfenterbréck op Klengbetten, also op d'belsch Grenz. A wéi mer dunn déi Detailstudien alleguerten hatten a wéi ech déi Gespréicher all gefouert hat an et kloer war, wéi déi d'Zuelen definitiv waren, dunn hu mer definitiv d'Déisioun geholl.

Duerfir, mir hunn eis dat net esou einfach gemaach, wéi Dir eis dat elo hei wollt explizéieren. Iwwregens wëll ech lech awer soen, datt ech awer nach eppes Wesentlech och no-

gebessert hunn, wat net virgesi war, nämlech op 2,5 km e Schallschutz ze maachen op der Diddelenger Autobunn. Dee maache mer net wéinst dem Multimodal, mä dat war eng wesentlech Konditioun, fir Berouegung ze kréien an der Gemeng Diddeleng. Dat war vir-drun net virgesinn, well de Problem vun der Nuisance vum Kaméidi fir Diddeleng a Beetebuerg kënnt nämlech net esou duerch de Multimodal, mä éischter duerch d'Autobunn schonn haut. Dat ass eppes, wou d'Regierung nach nogebessert huet.

(*Interruptions diverses*)

(*Interruption par M. Claude Wiseler*)

Okay, et fret mech, datt Der d'accord sidd mat mer, mä ech wollt lech awer soen, datt mer eis dat net esou einfach gemaach hunn.

Da wëll ech lech awer soen zu Ärer Motioun: Dat ass jo alles sympathesch an Dir rennt jo am Fong hei oppen Dieren an, mä ech sinn awer e bëssen erstaunt...

► **Une voix**.- Ooh!

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Net opreegen, fir d'Éischt emol nolauschten!

(*Interruption*)

Ech sinn e bëssen erstaunt, datt ech opgefuerdert ginn oder d'Regierung opgefuerdert gëtt, «à réaliser les travaux (...) le plus rapidement possible», wann ech nach kee Gesetz hunn! Ech muss awer emol vun der Chamber e Finanzierungsgesetz gestëmmt kréien, ier ech «le plus rapidement possible» eppes kann ëmsetzen. Duerfir wär ech awer frou, ier d'CSV...

(*Interruptions diverses*)

Ausser d'CSV ass der Meinung, datt ech soll dat maachen, wat an der Vergaangenheet nawell oft gär gemaach ginn ass, nämlech e Saucissonnage, datt ech et einfach esou stéckelchersweis maachen, fir datt ech ëmmer ënner 40 Milliounen Euro bleiwen. Da kéint ech dat natierlech maachen, mä dat wëll ech awer ebe just précisément net maachen! Ech wëll gär, datt dat Stéck vun der Helfenterbréck bis op Diddeleng, esou wéi et virgesinn ass, direkt chiffriert gëtt. An da muss ech e Gesetz hei stëmmen.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Här Bausch, mir stëmmen dat Gesetz. Ech soen lech et elo schonn.

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Dat fret mech, datt Der dat Gesetz wäert stëmmen. Mä Dir verstitt awer, datt duerfir déi Motioun hei esou à ce stade net kann ugeholl ginn.

Ech soen lech Merci. Ah, entschëllegt awer, nach ee Saz...

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Ech verbessere se awer mam Accord vum Här Kaes ganz gär, fir ze soen: «à préparer un projet de loi rapide-ment». Da si mer eis jo eens.

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Also, mir kënnen... Also, ech mengen, ech hu kee Problem domadder, fir och nach eppes unzehuelen, wou Dir mer hei sot, datt ech soll eppes vibereeden, wat ech elo grad gesot hunn, wat ech souwisou amgaange sinn ze maachen. Mä bon, wann dat lech awer zefriddestellt, okay, mä da gitt mer awer en aneren Text, well deen heiten Text, dee war net ganz gutt iwwerluecht, géif ech soen.

Just awer nach ee Saz zu Ettelbréck-Dikrech vläicht, zum Couloir. Här President, ech hat dat bal vergiess. Ech wëll awer soen, datt dee Projet hei e ganz wichtige ass fir d'Entwécklung vun der Nordstad.

An ech wëll och soen, datt niewent deem Gesetzesprojet, deen an der Chamber an der Analyse de Moment ass, an der Kommissioun, nämlech dee vun dem Multimodal vun Ettelbréck, e Projet vun 160 Milliounen - et gëtt jo ëmmer emol gär esou mat lénks behaupt, mir géifen nëmmen alles an de Süden investéieren an an den Zentrum, an an den Norden näischt -, ech wëll lech just soen, et sinn eleng 160 Milliounen virgesi fir de Multimodal an nach eng Kéier 80 Milliounen fir d'Sécurisatioun vun der N7. Dat mécht 240 Milliounen, déi ginn an deenen nächste fënnf Joer eleng an d'Nordregioun och investéiert.

Duerfir, wann Der dat awer emol zesumme-rechent an deem ganzen Investitiounspak, dat ass elo reng Stroossebau a Schinn, da kënnen mer awer vläicht, mengen ech, déi Meinung e bësselchen änneren, dat, wéi wa mer näischt géife maache fir d'Nordregioun!

Mä ech wëll awer soen, datt dee Projet hei en zousätzlech wichtige ass, dee jo nach net chiffriert ass, well hei kréien ech jo elo emol d'Autorisatiounen, fir Etüden ze maachen. Dat ass en neie Projet, deen och vun deser Regierung komm ass. Ech mengen, d'Plateforme

multimodale ass jo scho vun der viregter Regierung ausgeschafft ginn. Do hunn ech eng Rei kleng Korrekturen nach dru gemaach, mä de Gros vum Projet kënnt ganz kloer vun der viregter Regierung. Dat ass awer net contestéiert gewiescht, och net heibannen, och vir-drun.

Mä dat hei ass en neie Projet, deen um Axe central tëschent Ettelbréck an Dikrech ganz wichteg ass an deen och wichteg ass, fir der Nordstad a hirer Entwécklung eng Chance ze ginn. Dat wëll ech awer soen. Duerfir sinn ech frou, datt ech de Feu vert kréien, fir datt ech déi Studien hei ka maachen, fir datt mer do am Intérêt vun der Nordstad och eppes Flottes kënnen maachen.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Nohaltegkeetsminister. Et ass jo ganz schéin, hei eng grouss Harmonie kënnen feststellen. An da géife mer déi och net op d'Spill setzen an zur Ofstëmmung iwwert déi zwou Motiounen kommen.

Motion 1

Fir d'Éischt déi Motioun, déi vun alle Bänke gedeelt ass an déi den „Go“ sollt gi fir d'Emsetzung vun de grands Projets d'infrastructure. Dat ass d'Motioun Nummer 1.

Solle mer do elektronesch ofstëmmen oder, vu dass jiddweree se ënnerstëtzt, à main levée?

► **Plusieurs voix**.- Elektronesch.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Elektronesch?

(*Affirmation*)

Wann dat esou gewënscht ass, da maache mir dat esou.

Vote sur la motion 1

Da fänkt de Vote un. D'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass fäerdeg. D'Motioun 1 ass eestëmmeg ueholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Laurent Mosar), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Motion 2

Dann hu mer déi zweet Motioun, déi ëmgeän-nert gouf.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Ech géif nach gär schwätzen zu där zweeter.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wat gelift? Zu där zweeter? Jo, selbstverständlech. Den Här Kartheiser huet d'Wuert zu der zweeter Motioun.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Villmools Merci, Här President. Ech wëllt am Numm vun der ADR och de Kollege vun der CSV Merci soe fir déi Motioun, déi mir kënnen am Prinzip ënnerstëtzen. Ech wëllt vläicht soen, datt mer och als ADR dat an eisem Wahlprogramm stoen hunn, datt mer och denken, datt aus Grënn vu Sécherheet, och well mer en Transitland sinn an autofrëndlech - mir sinn op kee Fall géint den Individualverkëier -, och den Ausbau vun der Autobunn ze befirworten ass.

Mä de Problem ass, datt mer, wa mer gär hätten, an dat wëlle mer jo alleguer, datt méiglechst vill Leit den ëffentlechen Transport benotzen, datt den ëffentlechen Transport einfach muss besser sinn, datt en attraktiv muss sinn! An dofir wëlle mir nach eng Kéier insistéieren, datt deen eenzege Wee, fir de Verkëiersproblem hei am Land ze léisen, dee jo haaptsächlech duerch déi grouss Verkëiersstréim moies an owes verursaacht gëtt, duerch déi vill Frontalieren oder Leit, déi an d'Stad schaffe kommen, datt deen eenzege Wee ass,

datt mer op de Wee vun der Eisebunn ginn, déi ënnert der Stad duerschfiert, d'Konzept, dat jo allgemeng als City-Tunnel bezechent gëtt, an datt den Tram d'Verkëiersproblematik am Land verschlëmmt an net léist. An deem Sënn droe mer dat hei gär mat.

An ee Wuert un den Här Bausch: Hie seet jo och, d'Autobunne sollen aus Sécherheetsgrënn ausgebaut ginn. Et wär och schéin, wa se schéi beliicht wären!

Villmools Merci.

(*Hilarité*)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo, den Här Bausch.

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Ech wollt dem Här Kartheiser dozou just soen, datt éisch-tens hei zu Lëtzebuerg 70% vun den Autobun-nen nach ni beliicht waren. Weder d'Nordstrooss nach d'Saarstrooss nach d'Tréierer Au-tobunn hate jeemools Luucht, ausser op den Échangeuren.

Zweetens wëll ech em och soen, datt, wann en a Frankräich fiert, hannert der Beetebuerger Grenz bis op Nice erof keng eng Luucht steet, ausser op den Échangeuren. Duerfir, haalt op wann ech gelift, Polemik ze maache mat eppes, wou et keng Polemik ze maache gëtt!

A fir de Rescht, zum éischten Deel wëll ech kee Kommentar méi fir den Här Kartheiser ofginn.

Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Ass et jiddwerengem kloer, wéi déi Mo-tioun elo am Endeffekt ausgesäit? Den Här Wi-seler seet eis dat wahrscheinlech.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Jo, dat ass ge-nau dat, wat ech wollt proposéieren. Ech géif proposéieren, op Indicatioun vum Här Bausch dann einfach ze soen: «à finaliser les travaux lé-gislatifs relatifs à l'élargissement à 2x3 voies», de Gesetzestext fäerdegzemaachen.

Motion 2 modifiée

La Chambre des Députés, considérant

- qu'environ 90.000 véhicules par jour fré-quentent les autoroutes A6 et A3;

- que l'on s'attend à une augmentation annuelle du trafic de 5 à 7%;

- que le projet de règlement grand-ducal décla-rant obligatoire le plan directeur sectoriel «trans-ports», tel que présenté par le Gouvernement en mai 2014, prévoit la mise à 2x3 voies de la sec-tion Aire de Berchem - Croix de Gasperich de la A3 ainsi que la sécurisation/optimisation de la Croix de Cessange et de l'échangeur Helfenter-brück sur la A6;

- que la mise à 2x3 voies de la A3 figure parmi les objectifs prioritaires des investissements plurian-nuels, présentés par Monsieur le Ministre du Dé-veloppement durable en date du 23 octobre 2014;

invite le Gouvernement

- à finaliser les travaux législatifs relatifs à l'élar-gissement à 2x3 voies de l'autoroute A3 le plus rapidement possible.

(s.) Aly Kaes, Léon Gloden, Françoise Hetto-Gaasch, Michel Wolter, Laurent Zeimet.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Majo, da wëll ech lech och hei froen: Vote à main levée oder elektronesch?

► **Plusieurs voix**.- Elektronesch.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Elektronesch.

Vote sur la motion 2 modifiée

Da fänke mer mat der Ofstëmmung un. D'Ofstëmmung ass...

(*Interruption*)

Jo?

(*Interruption*)

Okay, da schlësse mer d'Ofstëmmung of a mir berücksichtegen dann herno och nach dem Här Hahn säi Vote.

57-mol Jo, an zwou Abstentiounen, déi net weider motivéiert ginn. Okay, dann ass dat esou. Dann ass déi zweet Motioun och adop-téiert.

Résultat définitif après redressement: la motion 2 est adoptée par 58 voix pour et 2 abstentions.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes



(par Mme Octavie Modert), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

A mir kéinten zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 5377, eng Unesco-Konvention iwwer Kulturgidder. D'Riedezäit ass nom Basismodell geregelt. An d'Wuert huet elo direkt d'Rapportrice, déi honorabel Madame Taina Bofferding. Dir hutt d'Wuert.

3. 5377 - Projet de loi portant approbation de la Convention concernant les mesures à prendre pour interdire et empêcher l'importation, l'exportation et le transfert de propriété illicites des biens culturels, adoptée par la Conférence générale de l'Unesco à sa seizième session, à Paris, le 14 novembre 1970

Rapport de la Commission de la Culture

► **Mme Taina Bofferding** (LSAP), *rapportrice*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, am Projet de loi 5377 geet et ëm d'Unerkennung vun der Unesco-Konvention, déi den internationale Kulturgiddertransfert regelt a besonnesch dem Mëssbrauch am internationalen Handel mat de Bien-culturellë soll entgéintrieden. Ech versichen dann elo kuerz, lech ze erklären, wat déi Konvention ass a firwat et wichteg ass, dass Lëtzebuerg se ratifiziert.

Allgemeng ass feststellen, dass de weltwäiten Handel mat de Bien-culturellen an de leschte Jorjénge zougeholl huet. Experte ginn dovunner aus, dass den illegale Konschthandel hautdesdaags mam Drogen- a Waffenhandel un der Spëtzt vum onrechtmëssigen Handel steet.

Dësen illegale Kulturgiddertransfert fëgt dem Patrimoine culturel schwéier an oft irreversibel Schied zou. Vill Géigenden, déi räich u Kulturgidder sinn, leiden u Plünderunge vun Tempelen, vu Griewer a vun archeologesche Stied. Konkret Beispiller fannt Der och am schrëftleche Rapport. Fir munch Regiounen huet dës Mechanismus zu kulturelle Katastrophe gefouert a si gesi sech haut zu engem groussen Deel hirer kultureller Identitéit an dem kulturellen Ierwe vun der Mënschheet beraubt.

Am Zentrum steet d'Lutte géint de Vol, d'Ausgruewungen an den illegalen Import an Export vun de Kulturgidder. D'Moosnamen an dëser Konvention bezéie sech op de Schutz vu souwuel den eegene wéi och den illegal importéierte Kulturgidder a si bezéie sech och op hir Réckféierung an d'Ursprongsland.

Duerch d'Unesco-Konvention gëtt Lëtzebuerg an en internationalt Instrument zur Bekämpfung vum illegale Kulturgiddertransfert agebonnen a steet domadder géigeniwwer deenen aneren europäesche Staaten net méi isoléiert do.

D'Konvention selwer gouf de 14. November 1970 duerch déi 16. Generalkonferenz vun der Unesco zu Paräis adoptéiert. Bis elo sinn hir 127 State bäigetrueden, wouvunner der 22 zur Europäescher Unioun gehéieren.

Dir Dammen, Dir Hären, d'Konvention enthält zwee wesentlech Aspekter: ee Volet Preventioun, dee géint de Vol a géint d'Importatioun an d'Exportatioun vun illegale Bien-culturellë soll virgoen, an en zweete Volet vun der Restitutioun vu geklaute Gidder, deen hir Remise viséiert.

D'Unesco-Konvention formuléiert zwar d'Grondprinzipien zum Kulturgidderschutz an zum internationalen Transfert, allerdéngs ass se net direkt uwendbar. Dat heescht, all Stat muss dës Konvention op nationalem Niveau ëmsetzen an a säin nationaalt Recht integréieren.

Bei der Restitutioun vu geklaute Kulturgidder beschränkt sech d'Konvention op déi, déi entweder inventariséiert sinn oder zum Beispill aus

engem Musée geklaut goufen. D'Unesco-Konvention riicht sech awer net direkt u Privatpersounen, mä verflücht d'Konventionsstaaten, juristescht an administrativ Mesuren zum Schutz vun de Bien-culturellen ze ergräifen. D'Bestimmungen hunn deemno just tëschent de Vertragsstate Gültigkeit.

Entdeckt zum Beispill e Vertragsstat d'Afëierung vun engem geklaute Kulturgutt, esou muss dee géeeegent Mesuren zur Restitutioun a Remise vum Bien culturel huelen. Déi geklaute Saache mussen deemno saisiéiert an dem Ursprongsland iwwert den diplomatesche Wee nees zrëckgefouert ginn, wann eben dann d'Preuve virläit, dass dee Bien culturel zum Inventar vun enger bestëmmter Arichtung gehéiert.

1995 gouf d'Unidroit-Konvention geschafen, fir d'Unesco-Konvention ze komplementéieren, well déi, wéi grad eben erkläert, als reng zwëschestaatlech Regelung keen Instrument fir d'Reckféierung vu geklauten a rechtswiddreg ausgeféierte Kulturgidder duerch Privatpersounen virgesäit.

Op dëser Plaz wëll ech awer och nach erwähnen, dass Lëtzebuerg schonns e puer juristescht Handhabungen huet. Eis Legislatioun zielt eng Partie Mesuren - besonnesch fir d'Bien-culturellen ze schützen -, wéi zum Beispill den Artikel 6 vum Gesetz vum 21. Mäerz 1966 iwwert d'Fouilles archéologiques, wou bei Infractionen zu dësem Artikel Strofe vun 251 bis 25.000 Euro a souguer Prisongsstrofe virgesi sinn.

Och brauch all Bien culturel, deen eng gewësse Valeur huet, eng Lizenz, fir iwwerhaapt kënnen exportéiert ze ginn. D'Detailer zu dësem Gesetz an och de betreffenden EU-Direktive fannt Der am Rapport.

De Projet de loi, iwwert dee mer haut ofstëmmen, gouf virun zéng Joer déposéiert - de 7. September 2004 - a sechs Méint duerno scho vum Statsrot aviséiert. Do fällt engem direkt op, dass dës Projet nawell e laange parlamentaresche Wee opzeweisen huet.

De Statsrot ënnersträicht a sengem Avis d'Importenz vun engem gewësse Bewosstsinn vis-à-vis vun dëser Thematik an dass et wichteg ass, dass Lëtzebuerg hei seng Entschlossenheet markéiert, sech am internationale Kampf géint illegale Kulturgiddertransfert ze bedeelegen.

De Conseil d'État mécht sech allerdéngs och Gedanken iwwert d'Mesuren an d'Reglementer, déi geholl solle ginn, fir d'Dispositiounen vun der Konvention anzehalen. Als Präzisioun op déi Remarque kann ech dozou soen, dass am neie Patrimoinegesetz, dat an der Maach ass, d'Mesuren, déi d'Konvention virgesäit, sollen integréiert ginn. Dat erkläert iwwerens och de Retard vun dësem Gesetz, well dës Projet de loi u sech sollt ursprénglech ebe mat der Reform zum neie Patrimoinegesetz zesummen tritéiert ginn.

Nun, Dir Dammen an Dir Hären, de Rapport gouf an der zoustänneger Chamberskommission de 14. Oktober unanime ugeholl an ech invitéieren lech elo, wann ech gelift dat nämlech ze maachen. Ech ginn op dëser Plaz dann och direkt den Accord vun der LSAP-Fraktioun a soen lech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och der Madame Bofferding. Éischt Riednerin ass d'Madame Martine Mergen. Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Martine Mergen** (CSV).- Merci villmools. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi d'Rapportrice an hirem exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport erkläert huet, stëmme mer haut dës Projet iwwert de Schutz, den Import- a Exportverbuert an de Kampf géint den illegalen Handel mat kulturelle Gidder, an en fait stëmme mer d'Unesco-Konvention zu dësem Sujet vum 14. November 1970.

D'Rapportrice ass am Detail op dës Dispositiounen agaan. Si wäert nach misse vu legislative Prozeduren hei zu Lëtzebuerg suivéiert ginn a si kënn just zur Zäit, zur Geleeënheet vun der Kreatioun vum Luxembourg Freeport, wou jo bekanntlech Konschtobjete solle kënnen gelagert ginn.

Obwuel d'Konvention also vun 1970 ass, ass se - esou wéi och meng Recherche erginn huet - aktuell wéi ni. A Syrien zum Beispill huet de Krich zu engem massiven Ausbroch vu Pillagen an illegale Fouillë gefouert. D'Objeten, déi gestuel ginn, fënnt een um illegale Schwaarzmaart oder bei private Sammler erëm - wann ee se dann erëmfiënt. A Syrien sinn déi Gruppen, déi de Pillage maachen, gutt organiséiert an arméiert. Si si besonnesch ze fannen an der Géigend vun der Grenz, wou se d'Objete séier kënnen an en anert Land schafen.

Et ass erfreenlech, dass sech an der Bevëlkerung a Syrien Fräiwëlleger fonnt hunn, déi den Autoritéiten, déi jo duerch d'Krichshandlungen oft iwwerfuert sinn, hëllefen, fir sech ëm hir lokal Kulturgidder ze bekëmmern a se ze schützen. Esou huet eng Grupp aus engem klengen Duerf am Ramada-Dall e Mosaik aus dem 4. Jorhonnert erëmfonnt an en an den Nationalmuseum zu Damaskus bruecht.

De Problem ass net nei: déi berühmteste Raiber sinn déi grouss Diktatoren an déi grouss Kolonialstate gewiescht. Den Napoléon, den Hitler, d'Engländer hunn an der Geschicht sech net gescheit, fir Souvenire vu Plazen ze drainéieren, déi se als Territoire conquis gesinn hunn.

Esou probéiert Ägypten säit Joren, déi berühmt Büst vum Néfertiti erëmzekeréien, déi am Neie Musée zu Berlin steet, d'Pierre de Rosette, déi dem Champollion erlaabt hat, d'Hieroglyphen ze entzifferen, aus dem British Museum an eng Statu vum Ramses den II. aus dem Musée vun Turin. Griichenland reklaméiert d'Marbere vum Pantheon vum British Museum, a Venedeg hätt gär dem Veronese seng Hochzäit vu Kana vum Louvre erëm.

Et gëtt awer och méi rezent Beispiller. Wéi de President Chirac 1996 säi Gebuertsdag gefeiert huet am Elysée, krut e vu sengen enke Mataarbechter eng ierde Statu aus dem Mali geschénkt. D'Fotoe vun de Festivitéite goufen am „Paris Match“ publizéiert a goufen do vum Conseil international des musées entdeckt. Den Objet war e puer Joer virdru bei illegale Fouillen am Mali saisiéiert ginn an um Wee fir an de Musée zu Bamako ass en erëm gestuel ginn. Den Här Chirac huet no laangem Hin an Hier - no iwwer engem Joer - seng Statu erëm missen erausréckelen - dat zur Anekdote.

Aktuell ass et och a Russland, wou d'Revolutionshären am massive Stil Biller aus private Kollektiounen konfiskéiert hunn a wou d'Ierwe probéieren, déi Biller - Cézanne, Matisse, Van Gogh - erëm zrëckzekeréien. Ech mengen, dee bekanntste Pilleur war awer wuel den Obelix, deen - wéi Der alleguete wësst - d'Nues vum Kleopatra zerstiéiert huet an am Sand vergruewen huet. Dat war vläicht deen éischte Fransous, dee pilléiert huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Ur-saach, firwat dass mer dës Konvention eréischt haut an d'Chamber kréien, ass bekannt. Si war virun zéng Joer deponéiert ginn, an et ass, well virgesi war, se ebe mam Gesetz iwwert d'Protection du patrimoine ofzestëmmen.

An do wollt ech dann - d'Madame Bofferding huet et och schonn ugedeit - profitéieren, fir d'Kulturministescht ze froen, wou mer mam Gesetz dru sinn, well d'Etüd, déi hir Virgängerin ugefrot hat, elo virläit.

Dat gesot, bréngen ech lech den Accord vun der CSV-Fraktioun a soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och der Madame Mergen. An den nächste Riedner ass den Här André Bauler.

► **M. André Bauler** (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir wëssen, dass op der Welt ëmmer méi Kulturgidder geklaut ginn. Experte schätzen de Wäert vun dëser Gidder op ëm siwe Milliarden Euro. Nom Drogen- an nom Waffenhandel - et ass elo just vun der Madame Bofferding gesot ginn - kënn den illegale Commerce mat antike Gidder vum Émsaz hier op déi drëtze Plaz.

Et ginn awer net nëmme Konschtgéigestänn an der grousser wäiter Welt geklaut a verschleift. Och hei zu Lëtzebuerg gouf et Fäll, wou historesch Kulturgutt engem Déifstahl zum Affergall ass. Ech wëll do un deen aus dem Ufank vum 16. Jorhonnert stamende Schnëtzaltor vun Helzen an der Gemeng Wëntger erënnern. 1976 gouf dësen Héichaltor an enger Augustnuecht d'Affergall vun engem äusserst kecken Déifstahl. 80 Statuen a Figurinne sinn deemools an enger Nacht- und Nebelaktion verschwonnen. Gott sei Dank konnt en enger Rei Woche bal all d'Holzfigure séchergestallt ginn.

Här President, Konscht a Kulturgidder ginn net geklaut, well d'Déif en ausgeprägte Sënn fir dat Asthetesch hätten, mä aus ganz banale Motiver: fir Gefaangener aus engem Prisong fräizepressen oder fir Drogeliwwerungen ze finanzéieren.

Mir all erënnern eis nach un déi dramatesch Stonne vum 11. September 2001 zu New York. Ee vun den Terroristen, de Mohamed Atta, hat eng Zäitche virdrun probéiert, fir afghanesch Antiquitéiten an Däitschland ze verkafen, fir sech iwwert deen do Wee seng Formatioun als Pilot ze finanzéieren.

Al-Qaida huet sech no der Chute vum Saddam Hussein ähnlech finanziéiert. Ganz Muséë sinn do geplëmmt ginn an et si Kulturgidder vun onschätzbarem Wäert fir ëmmer verschwonne.

nen. Gläiches gëllt d'ailleurs jo och fir d'Hisbolah am Libanon.

Alles dat woussst déi éischt däitsch Televisiounschaîne de leschten 20. Oktober an enger Sendung mam Titel „Das geplünderte Erbe“ ze berichten. Hei konnt een en iwweraus interessante Bericht verfollegen, dee sech mat geklauten Antiquitéiten aus dem Irak an aus Syrien befaasst huet.

„Un den antike Géigestänn aus dem Noen Oste pecht Blut“, dat war d'Ausso vun den Auteurs vun dëser Dokumentatioun, dem Andreas Wolter an dem Volkmar Kabisch. Si recherchéiere schonn zanter véier Joer iwwert den illegalen Handel mat Antiquitéiten. Si hu gewisen, wéi ISIS a Co jordausedal Kulturgidder klauwe bezéiungsweis op ëmmer an éiweg zerstiéieren.

D'Journaliste vun der ARD hunn och gewisen, wéi geklaute Kulturgidder aus dem Land tëscht Euphrat an Tigris erausbruecht goufen, fir dann iwwer obskur Weeër bis op Dubai an e Freeport bruecht ze ginn. An dësem Freeport schéngt keen ze froen, wou dës antik Objeten hierkommen. Si ginn do tëschegelagert, fir dann iwwert de Séiwee an Europa transportéiert ze ginn, zum Beispill op München.

Kee Wonner, dass de Commerce mat Antiquitéiten zurzäit blitt. Do, wou Chaos, Krich an Zerstiéierung herrschen, do, wou d'Anarchie de Rechtsstat ofléist, do, wou Onrecht d'Regel ass an dee Stärkeren deene Schwaache säi Gesetz opdréckt, do ass alles méiglech. Do gëtt geklaut an zerstiéiert, well et keng Grenze méi gëtt, déi kontrolléiert ginn.

A sengem Avis vum 22. Mäerz 2004 huet de Statsrot notéiert, dass mer hei zu Lëtzebuerg eng gewësse Lenteur hunn, fir international Instrumenter ze ratifizéieren. De Statsrot huet deemools vermut, dass Lëtzebuerg e gewëssene Manktum u Sensibilitéit huet par rapport zu de Froen vum deem Genre an dass ee sech net wierklech concernéiert gespiert huet.

Or, et ass essenziell, dass Lëtzebuerg un der internationaler Lutte géint d'Klauen an d'Verschleefe vu kulturelle Gidder participéiert. Et geet hei och ëm d'Reputatioun vun eisem Land. Ech wëll och drun erënnern, dass mer Mëtt September e Freeport beim Cargo Center um Flughafen ageweit hunn. Leider kann een ni ausschléissen, dass do eng Kéier Konschtgidder drënner sinn, déi aus dem illegalen Handel, aus dem illegalen Trafic kommen.

Beispiller gëtt et der leider genuch. Mir sinn als DP dofir frou, dass elo endlech e wichtige Schratt gemaach ginn ass an dass mer déi Unesco-Konvention haut ratifizéieren. Voilà, dëst gesot, wollt ech der Rapportrice, der Madame Taina Bofferding, villmools Merci fir hire Rapport soen, dee mëndleche souwéi dee schrëftlechen, an dann och heimat den Accord vu menger Fraktioun abréngen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Villmools Merci dem Här Bauler. Den nächste Riedner ass de Claude Adam, dee scho prett ass.

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Ech wëll fir d'Éischt der Rapportrice, der Madame Bofferding, Merci soe fir hiren ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport. D'Madame Bofferding ass och kuerz drop agaan, firwat dass mer dee Retard hunn. Et ass jo schonn e bësse speziell, wa mer eng Konvention vun der Unesco vun 1970 ëmsetzen.

An interessanterweis huet och d'Madame Mergen engersäits gesot, dass déi Konvention nach ëmmer ganz aktuell ass, a si huet dat och mat aktueller Beispiller beluecht. Si huet vu Syrien geschwat. Ech mengen, do kéint ee praktesch all Krichsgebidder zitieren, déi et gëtt. Op där anerer Säit huet se dunn och gefrot: „Majo, wéi ass et da mat deem Gesetz iwwert de Patrimoine culturel, wou dat sollt matbehandelt ginn?“

Ech mengen, dass gëtt och nach en Thema, mir kréie jo eng Interpellatioun duerno. Just och, Madame Mergen, fir lech awer ze soen, och de Kollege vun der CSV: Dat ass e Gesetz, wat vun engem CSV-Minister schonn 2000 déposéiert ginn ass a wou mer insgesamt 29 Chamberssätzungen haten a wou näischt geschitt ass! An ech sinn och effektiv frou, fir dann ze kucken, wou mer dru sinn. An ech huelen un, dass dat och nach en Thema bei der Interpellatioun duerno gëtt.

Den André Bauler huet aner flott Beispiller bruecht, och historiesch Beispiller vu Lëtze-